



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Déclaration de politique étrangère

présentée par

Monsieur Jean Asselborn
Ministre des Affaires étrangères et européennes

devant la Chambre des Députés
le 21 mars 2017

**** Seul le discours prononcé fait foi ****

AUSSEPOLITESCH DEKLARATIOUN

Här President,

Dir Dammen an dir Hären Deputéiert,

1. Zënter menger leschter Ried, vu virun engem gudde Joer, wou ech de Constat gemaach hat, dass eis Welt nach méi gespléckt, desorientéiert a geféierlech ginn ass wéi déi Jore virun, kann een haut leider keng Verbesserung feststellen. Ganz am Géigendeel. Mir liewen a villen Hinsichten an enger méi chaotescher Welt. Latent Konflikter, Biergerkricher a Kricher gi weider an neier entstinn, den Terrorismus, oder d'Menace dovun, ass omnipresent an den Autoritarismus, och an eiser Noperschaft, verbreet sech. An och wann d'Flüchtlingskris an Europa manner akut schéngt ze sinn, stierwen d'Leit weider am Mëttelmier, an d'Wuerzele vun dëser Kris hu mer nach ëmmer net richtig ugepaakt.
2. D'Europäesch Unioun stécht weider an enger Existenzkris, an de Brexit mécht d'Saach net méi einfach, dat ass dat mannst wat ee kann soen. Nationalismus a Populismus kommen op ville Plazen an Europa op, an eis Politik schéngt net déi richtig Äntwerten op d'Froe vun enger Populatioun ze hunn, déi veronséichert ass virun den diverse Krisen an dem Mondialisatiounsphänomen. Et ass effektiv net liicht fir Äntwerten ze fannen als Nationalstaat iwwert eng Realitéit, déi d'national Grenze wäit dépasséiert. Dofir kënne mer an Europa nëmmen zesummen als Unioun déi grouss Erausforderungen ugoen, fir en Afloss dorop kënnen ze kréien a gemeinsam Léisungen ze fannen.
3. Mee leider ass dat Zesummeschaffen an der Unioun mee och an der Welt ëmmer méi schwéier ginn. Et gétt ee regelméisseg kritiséiert wann een demokratesch Mësstänn a verschiddene Länner vun der EU ervirhiewt. Ech stinn allerdéngs fest dozou well et d'Aufgab ass, vun Demokraten d'Grondprinzipie vun der Demokratie an der Rechtsstaatlechkeet ze schützen. An dëser Welt ginn et ëmmer méi Politiker déi der Meenung sinn, dass si well si gewielt sinn, an also legitim sinn, sech dofir net bräichten un d'Gewaltentrennung ze halen. Si probéieren déi

Pouvoirë ze schwächen déi hinnen am Wee stinn, oder essentiell Rechter wéi d'Meenungsfräiheet a Fro stellen. Do muss reagiert ginn. Wa mer dat net maachen, da gi mer Komplizë vun Feinden vun enger pluralistescher an oppener Gesellschaft, oder mir verstoppen eis ënnert dem Mantel vun der Gläichgëltegkeet.

4. Et ass schwéier ze gleewen dass haut, 60 Joer no der Signature vum Traité vu Roum a méi wéi 70 Joer no der Ënnerzeechnung vun der Charta vun der UNO, erëm Téin falen déi eis un déi tragesch europäesch Geschicht an u schrecklecht Leed müssen erënneren. Dat däerfe mer net zouloossen. Mir müssen eis mat allen demokratesche Mëttelen déi eis zur Verfügung stinn dogéint wieren; mir müssen eis Fräiheeten a Wäerter verdeedegen; mir müssen eis asetzen fir de Friddensprojet Europa, fir Kooperatioun and Integratioun. Dat ass eis Verantwortung vis-à-vis vun de kommende Generatiounen.

POPULISMUS

5. D'Erausforderungen déi sech der Europäescher Unioun stellen sinn wéiderhin grouss: um soziale, wirtschaftleche, an och um sécherheetspolitesche Plang. D'Victoire vum Donald Trump bei de Presidentschaftswahlen an de Vereenegte Staten huet dem Rietspopulismus an Europa neien Opdriff ginn a si wäert och déi transatlantesch Relatioun virun eng ganz Rei vun neien Erausforderunge stellen. Wat d'Migratioun ugeet, hate mer wuel 2016 manner Flüchtlingen a Migranten wéi dat Joer virdrun. D'Balkanroute ass méi oder manner zou, mee op der geféierlecher Mëttelmierroute sinn ëmmer nach zegdausende vu Leit ënnerwee op der Flucht viru Krich a Misär an op der Sich no enger besserer Zukunft. Eng weider Ursach fir déi schwierig Situatioun an der Europäescher Unioun ass natiirlech de Brexit op deen ech méi am Detail wäert agoen.
6. Den Opdriff vum Populismus a vum Nationalismus a ville Länner an Europa mécht eis extrem Suergen, och wann ee no de Wahlresultater an Holland nees e bësse méi erliichtert ass. Populistesche Parteie bidden de Leit scheinbar einfach Léisunge fir héich komplex Problemer un.

Mee déi Virschléi déi se virbréngen, sinn aus der Loft gegraff, si berouen weder op Fakten nach op de Realitéiten vun der heiteger Welt. Et gëtt mat Feindbiller geschafft, mat „Fake News“, mat alternative Fakten, wéi wann den Krees nët méi ronn mee veieréckeg wier. De Populismus riicht sech géint de sougenannten Establishment, géint Minoritéiten, géint Flüchtlingen a Migranten, géint aner Kulturen a Reliounen. E berout op der Ausgrenzung vis-à-vis vun deem Aaneren. Rietspopulisten probeieren d'Virurteeler, d'Onzefriddenheet, d'Angscht an d'Jalousie vun de Leit auszenotzen, fir doraus politescht Kapital ze schloen. Schold sinn ëmmer déi aner!

7. Mir musse alles maachen fir ze verhënneren, dass d'Populisten sech an eisem demokratesche System verankeren. Si notzen déi demokratesch Weeër aus fir un d'Muecht ze kommen a wann dat hinne geléngt, dann hiewelen si de Rechtsstaat aus a stellen d'Grondwäerter a Fro. Mir dierfen déi Gefor net ënnerschätzen. D'Geschicht huet eis geléiert, dass Diktaturen ëmmer dann entstinn, wann de Rechtsstaat an d'Grondwäerter ausgehillegt ginn. Hu mir net aus der Geschicht verhalten dass Populismus an Nationalismus riicht an d'Verdiewe féieren? Mir mussen eis wieren an dat bedeit och dass mir erkenne mussen, dass déi Errongenschaften, déi mir an der Europäescher Unioun genéissen, net selbstverständlech sinn. Näischt ass haut nach selbstverständlech! Mir mussen eis asetze fir eis Unioun, fir d'Grondwäerter an de Rechtsstat. Net heiansdo, mee all Dag!
8. An Europa si vill Leit duerch d'Folge vun der Wirtschafts- a Finanzkris direkt betraff. Déi wirtschaftlech Situatioun an der Europäescher Unioun huet sech an de leschten Joer wuel verbessert, mee mir sinn nach net iwwert de Bierg. D'Lag a Griicheland virun allem, mee och an enger Rei vun anere Länner, ass weiderhin bedenklech. Ech hu vill Verständnes fir d'Suerge vun den Leit an deene Länner a mir kënnen et net zouloossen, dass déi strukturell Reformen, déi leider ganz oft onsozial an onmënschlech Konsequenzen hunn, just um Bockel vun deene Leit ausgedroe ginn, deenen et souwisou scho schlecht geet.
9. Dat ass ee vun deene ville Grënn, firwat mir méi eng staark sozial Dimensioun an der Europäescher Unioun brauchen. Dee Standpunkt hu mir och während eiser Présidence am

zweete Semester 2015 vertrueden, an dee Standpunkt vertrieede mir, méi wéi jee, och haut. Eng staark Europäesch Unioun brauch eng staark sozial Dimensioun. Wa mir an Europa fir eis Bierger wëllen do sinn, wa mir wëllen, dass d'Leit weider un Europa gleewen, da musse mir an der EU méi sozial a méi demokratesch denken an handelen. Dat heescht, dass mir déi sozial Programmer vun der EU weider mussen ausbauen, besonnesch fir déi Länner wou d'Strukturreformen déi Äermst vun deenen Aarmen treffen. Dat heescht, dass mir an der Europäescher Unioun méi Verantwortung mussen zesammen droen, an dat heescht och, dass mir méi Solidaritéit an der Unioun brauchen, an dat net nëmme bei Migratiounsfoeren.

MIGRATIOUN

10. Loosst mech ee Moment op d'Migratiounsproblematik agoen. 2015 huet den UNHCR weltwäit 65,3 Milliounen Flüchtlingen an intern Deplacéierter gezielt. Dës Ziffer war markant: et war déi éischte Kéier zënter dem Zweete Weltkrich dass esou vill Leit op der Flucht waren.
11. Migratioun ass e komplext Thema. Et ëmgréift vill verschidden Situatiounen, déi vun de Flüchtlingen viru Krich a Verfolgung, déi vun den ekonomesche Migranten, déi vun den illegalen wéi vun de legale Migranten. D'Populisten probéieren ëmmer nees Amalgamen ze maachen, schwierig Situatiounen ze vereinfachen, a vergiessen ze looseren waat d'Rechter an d'Pflichten sinn. Dat kann net eis Approche sinn.
12. Hei geet e vir't eischt emol em Mënscheliwwen! Hannert den Zuele geet et em Kanner, Fraen, Männer an em Familien.
13. Déi héich Migratiounsfluxen déi mir 2015 gesinn hun, haten als Konsequenz dass Dublin net méi richteg funktionéieren konnt, a Schengen wor a Gefor. Dorausser huet ee misse Lektionen zéien a kucken, de System fir d'Zukunft ze verbesseren.

14. Et ass net einfach, dat wësst dir esou gutt wéi ech. Europa brauch eng gemeinsam Approche. D'Sich no Europäesche Léisungen ass deen eenzege Wee fir déi Problematik unzegoen.
15. D'geographesch Lag vun der Unioun ass esou, dass si no un de Konflikter läit. Et kann een, och schonn doweinst, kee Verglach zéie mat Politike wéi deenen, déi an Australien oder Japan applizéiert ginn.
16. D'EU muss fir Flüchtlingen, déi virun deene schlémmsten Zoustänn op eiser Welt fortlafen, sécher stellen, dass si den héchsten Niveau u Schutz vun hire Mënscherechter garantéiert kréien, souwéi d'internationaalt Recht et virgesäit. Mir müssen do all, ouni Ausnahmen, eiser Verantwortung nokommen. Mee Leit déi net ënnert d'Konventioun vun 1951 falen an déi sech illegal an Europa ophalen, müssen och, wéi d'Gesetz et virgesäit, kënnen heem geschéckt ginn. Dat heescht net dass mir net weider no Weeër musse sichen fir legal Migratioun auszebreedden. Europa brauch och weiderhin Migranten. Mir hei zu Lëtzebuerg sinn wuel am beschte plazéiert fir ze wëssen wat fir eng wichteg Contributioun Migranten zu der Gesellschaft beidroen.
17. International gesinn huet Europa, wat Migratioun ugeet, 2016 muenches ënnerholl.
18. D'Deklaratioun EU-Tierkei, mat alle Schwaachpunkten déi mir och hei an der Chamber debattéiert hunn, erlaabt de Business-Modell vun de Schmuggler ze stoppen. Just nach 47 Flüchtlingen den Dag koumen an der Moyenne op de Griicheschen Inseln un. Den Mount virun der Deklaratioun waren et der bis zu 1700 den Dag an mir wëssen ënnert welche Geforen! Gläichzäiteg si 2016, 70 Leit an der Ägäis em d'Liewe komm. 2015 waren et der 1 100!
19. Et gëtt sech an der EU och d'Fro gestallt ob an Zukunft d'Dossiere vun den Demandeurs d'asile ausserhalb vun der EU kéinten behandelt ginn, fir an enger zweeter Etapp op d'Réinstallatioun zrëckzegräifen.
20. Dëst funktionéiert nëmmen a strikter Zesummenaarbecht mam UNHCR, dem Unoflüchtlingswierk. Aus Camp'en wéi si de Moment zum Beispill a Libyen bestinn ass dëst

ausgeschloss. Do si mënschenonwierdeg Zoustänn. An deem Kontext wëllt ech och kloer stellen, dass et keng sécher Plaz ausserhalb vun der EU gëtt, wou Refugiéen, déi am westleche Méttelmier gerett ginn, kënnen zrëckgeschéckt ginn.

21. Waat Migranten ugeet, huet d'EU Kommissioun an den Europäeschen Aussendéngscht am Juli eng éischt Kommunikatioun publizéiert fir nei Partenariater mat Drëttstaaten opzebauen. D'Kommunikatioun proposéiert eng integréiert Approche, déi verschidden Politiken an Instrumenter matt abezitt, fir Migratiounsstréim an de Grëff ze kréien. Fir 5 afrikanesch Länner goufen sougenannte „Compacts“ ënnerbreet. An zwar fir den Niger, Nigeria, Senegal, Mali a fir Äthiopien.
22. Dës Compacts sinn och e Suivi vum La Valletta Sommet deen am November 2015 ënnert eiser EU Présidence stattfonnt hat. Lëtzebuerg huet sech ëmmer engagéiert dass de Geescht vu La Valletta esou vill wéi méiglech an de Compacts erëm ze fanne wier. Wéi der wësst: “more for more” wor eisen Leitmotiv während eiser Présidence, an mir hunn eis energiesch géint den Prinzip “less for less” gewiert, dëst am Bezug op d'Kooperatiounshëllef.
23. D'Migratiounssituatioun ass natierlech e Volet wa mer vun Entwécklungshëllef an humanitärer Hëllef schwätzen, mee mir maache keng Entwécklungspolitik mat dem eenzegen Objektiv Migratioun ze verhënneren.
24. D'Unzuel un Asylmanden an der EU bleift mat 1,24 Milliounen Manden héich am Joer 2016. Dat sinn der ëmmerhin awer e bësse manner wéi 2015, wou et der 1,35 Millioun waren. Gläichzäiteg sinn déi illegal Grenziwwergäng konsequent zrëck gaangen: et si ronn eng hallef Millioun Leit illegal iwwert d'Baussegrenze vun der Unioun an Europa erakomm. Dat entsprécht engem Drëttel vun dem dramatesche Gesamtbild vun 2015.
25. Duerch d'EU-Tierkei Deklaratioun wéi duerch méi streng Grenzkontrollen op der ganzer Balkanroute, sinn 2016 och manner Leit illegal duerch Griicheland an d'EU erakomm. Parallell

dozou sinn an Italien 2016, 18 % méi Leit ukomm wéi dat viregt Joer, wat sech duerch d'Instabilitéit a Libyen, mee awer och duerch aner Facteure wéi Konflikter, Aarmut an Hoffnungslosegkeet um afrikanesche Kontinent erkläre léisst.

26. Et schéngt mer evident, dass een Italien a Griicheland net kann eleng loossen; et ass net richtig, dass déi zwee Länner wéinst hirer geographescher Lag d'Charge eleng ze droen hun. Verbessert Wiederkonditiounen kënnen och erëm verstärkte Migratiounsfluxe mat sech bréngen. Den 19 Mäerz eleng si méi wéi 3.000 Léit virun der libescher Küst gerett ginn, fir 38 ass all Hëllef ze spéit komm. Deen selwechte Weekend sinn och méi wéi 330 Léit op de griicheschen Inseln ukomm.
27. Lëtzebuerg huet dofir och 2016 konsequent, déi Moosnamen, déi 2015 um EU Niveau geholl gi sinn, ëmgesat. 4 Mol sinn eis Experte vum Asyl 2016 an dat eent oder anert Land détachéiert ginn. Lëtzebuerg huet och Iwwersetzer um Terrain zu Verfügung gestallt.
28. D'Relokalisatioun ass och weidergaangen. Lëtzebuerg huet 2016, 167 relokaliséiert Mënschen ugeholl. Lëtzebuerg mëscht seng Aufgaben. Leider ginn déi relevant EU Decisioun net vun all den 28 matgedroen; verschidde Länner sinn esouguer bis virun den Europäesche Gerichtshaff gaangen.
29. Duerch dëst Virgoen setzt een och déi immens Fortschrëtter am Asyl vun den Italiener an de Griichen op d'Spill. Déi zwee Länner iwwerhuelen e groussen Deel vun der Aarbecht an der EU wat Asyl ubelaangt, an hir Verantwortung ass grouss. D'Hotspots sti fir Sécherheet an déi zwee Länner enregistréieren och elo d'Asylante konform zum europäesche Recht. Dës Fortschrëtter hunn et erlaabt, d'Politik vum illegalen Duerchwénken op en Enn ze bréngen. Mee mir wëssen och a wéi enge Konditiounen d'Flüchtlingen op de griicheschen Inseln an de Camps setzen. Primitiv Infrastrukturen, Promiscuitéit an esouguer Gewalt, Drogen an Prostitutioun. De griichesche Staat huet wéineg Moyene, dofir ass et wichteg dass hien mat Solidaritéit ënnert d'Äerm gegraff kritt; eng Solidaritéit déi och fir all eenzele Flüchtling wichteg

ass, déi doduerch néi Perspektiven an engem néie Land gebuede kritt. Dat ass e Gesiicht vun engem Europa dat Gréisst weist.

30. Fir d'Situatioun besser an de Grëff ze kréien, huet Kommissioun 2016 eng Rei Ännerunge fir de gemeinsamen europäeschen Asyl-System proposéiert. Et geet ënner anerem dorëms eng richteg Agence fir den Asyl op Been ze setzen. D'Reform vum sougenannte Dublin Reglement steet och um Programm. Dës Reform ass och fir eis wichteg, well Lëtzebuerg eng grouss Zuel un Dublin-Fäll huet. Leider sinn dës Proposen, déi och e Verdeelungsmechanismus virgesinn, momentan op Eis, esou laang wéi Diskussioun iwwer d'Solidaritéit weiderginn. Fakt ass, dass d'Sich no engem Kompromëss an der EU Migratiounspolitik ëmmer méi schwiereg gëtt.
31. Am Kontext vun der legaler Awanderung as Visaliberaliséierung eng wichteg Fro. Héi kennt et leider och zu gewëssen Abuse; mir gesinn dee Phenomen momentan zum Beispill mat de Balkanstaaten. Dofir huet den EU Conseil sech mam Parlament dëse Februar op en neie Suspensionsmechanismus gëeenegt.
32. De 7. Mäerz huet den Europäesche Geriichtshaff och säin Uerteel gesprach iwwert d'humanitär Visaen an do den Memberstaaten eng gewësse Marge de manoeuvre gelooss wat den Accord vun dësem Visa ugeet.
33. Am allgemengen ass den Accent d'lëscht Joer nach méi verstärkt op Sécherheetsaspekter vun der Migratioun geluergt gin, a besonnesch op zwee Beräicher: Sécherung vun de Baussegrenzen a Réckféierungen. D'Agence Frontex ass enner aanerem an hierem Mandat verstärkt ginn. E neit Dokument fir d'Reckféierungen, den EU laissez-passers, ass och adoptéiert ginn. Am Oktober gouf eng gemeinsam Approche mam Afghanistan ënnerholl, déi dozou bäidréit Réckféierungen ze organiséiere wann d'Situatioun et erlaabt, an d'Land géint de Mënschesmuggel staark ze maachen. Dernieft gëtt un der Réintegratioun vun den Zréckgefouerte geschafft. Als Immigratiounsminister sinn ech mir bewusst dass d'Reckféierungen an den Afghanistan mat vill Virsiicht ze verbanne sinn.

34. Nëmme wann eng Entlaaschtung vum Zoufluss entsteet, wäerte mir och e Kompromëss fanne kënne fir déi Moosnamen déi 2016 um EU-Niveau proposéiert gi sinn. Mir hunn all gemierkt, dass dat individuellt Handele vun eenzele Länner de kollektiven Acquis op d'Spill setzt.
35. Ech kann et dofir net oft genuch soen: Solidaritéit muss d'Schlësselwuert an der EU sinn. An dat net nëmmen an de juristeschen Texter an Traitéen, um Pabeier, mee ganz konkret, an der Politik an an der Ëmsetzung vun de Moosname déi zesumme geholl goufen.
36. Et gëtt kee Wonnermëttel wat Migratioun ugeet. Wat d'EU brauch ass politesche Wëllen an eng ëmfaassend Approche déi all Aspekter consideréiert an ob Wäerter wéi Oppenheet, Toleranz a Respekt baséiert, an dat an all séngen Memberstaaten.

BREXIT

37. D'Regierung bedauer d'Resultat vum Referendum vum 23. Juni 2016 am Vereenegten Kinnekräich. De Brexit ass schlecht fir eis alleguer, fir d'Vereenegt Kinnekräich, fir d'Europäesch Unioun an och fir Lëtzebuerg. Mam Brexit gëtt et keng Gewënner. D'nächst Woch wëll d'Vereenegt Kinnekräich den Europäesche Rot iwwe säi Wëllen informéieren d'Europäesch Unioun ze verloossen.
38. Fir dës Entscheidung soll d'Vereenegt Kinnekräich net bestrooft ginn. Dat wëll kee verstännege Mënsch. Mir wëllen an der Unioun, an dat gëllt och fir Lëtzebuerg, weiderhi gutt Relatiounen mat de Briten, an dofir setze mir eis an fir fair an transparent Verhandlungen. Mee mir müssen awer oppassen, dass déi 27 Länner, déi an der EU zesumme wëlle bleiwen, net den Präis musse bezuelen fir déi Entscheidung, déi déi britesch Bierger getraff hunn, an och dass déi Länner a kenger Weis benodeelegt ginn. Et wier net akzeptabel, dass mir um Enn vun de Verhandlungen méi schlecht do stinn wéi d'Vereenegt Kinnekräich.
39. D'Prozedur vum briteschen Austrëtt ass, wéi dir wësst, am Artikel 50 vum EU-Vertrag kloer festgeluecht. Soubal d'Vereenegt Kinnekräich dem Europäesche Rot matgedeelt huet dass et

wëll aus der Europäescher Unioun austrieden, an dat soll jo elo den 29ten Mäerz geschéien, wäert den Europäesche Rot d'Leitlinie fir en Ofkommes iwwert d'Detailer vum Austrëtt festleeën. D'Verhandlunge wäerten am Prinzip zwee Joer daueren a wann no zwee Joer keen Accord fonnt ginn ass, a wann dësen Délai net verlängert gëtt, dann ass dat Vereenegt Kinnekräich net méi an der Unioun.

40. D'Erklärung vum Europäesche Rot zu 27, also ouni d'Vereenegt Kinnekräich, vum 15. Dezember 2016 ass e gutt Instrument wat weider Einzelheeten iwwert dat internt Verfahren an d'Arbeitsmethoden enthält. Dir wësst, dass de President vun der Kommissioun de Michel Barnier, fréiere franséschen Ausseminister an och fréiere Kommissär, als Chef vun den Verhandlungen designéiert huet. De Michel Barnier kritt e Mandat vum Rot a rapportéiert och regelméisseg un den Rot. Fir eis ass et wichteg, dass mir an deene Verhandlungen enk mat der Equipe vum Michel Barnier zesummeschaffen. Den Ausseministère iwwerhëlt d'Koordinatioun vun de Verhandlungen an enker Zesummenaarbecht mat der Cellule diplomatique vum Staatsminister a mat eiser stänneger Verriedung zu Bréissel. Mir benotzen dofir déi bestoend Strukturen a Koordinéierungsmechanismen - de Comité interministériel de coordination des politiques européennes.
41. Bei de Verhandlungen zu Bréissel musse mir oppassen, dass eng Rei vu Prinzipien a Spillregele respektéiert ginn. Ech denken, dass mir kloer musse wëssen wéi den Austrëtt vun dem Vereenegte Kinnekräich ausgesäit, éier mir mat de Briten en neie Vertrag aushandelen. Bis dass dat Vereenegt Kinnekräich d'Europäesch Unioun offiziell verléisst, gëllt op jidder Fall weider d'EU-Recht - an dat mat alle Rechter a mat alle Flichte vun engem Memberstaat.
42. Ee vun den éischte Punkten, deen an de Verhandlungen ugeschwat muss ginn, ass den EU-Budget. Et ass elo scho kloer, dass déi Verhandlungen extrem schwierig a komplizéiert wäerte ginn. Mee en Accord iwwer déi finanziell Ofwécklung vum Brexit ass e Schlëssel-Element vum briteschen Austrëtt. Dat Vereenegt Kinnekräich muss all seng Verpflichtungen am pluriannuelle

Finanzkader 2014-2020 erfüllen. Mir müsse verhënneren, dass de briteschen Austrëtt en zevill grousst Lach an den EU-Budget rappt.

43. En zweete wichtege Punkt, dee bei de Verhandlungen erausstécht, sinn d'Rechter vun den EU-Bierger déi am Vereenegte Kinnekräich wunnen an déi vun de Briten déi an der Unioun wunnen. Et liewen 1,2 Milliounen Briten an der EU, an 2,5 Milliounen EU-Bierger liewen an Groussbritannien. Zu Lëtzebuerg wunnen iwwer 6000 Briten, an a Groussbritannien wunnen eng 700 Lëtzebuerger an och ëm déi 1000 Studenten vu Lëtzebuerg. Hei geet et em d'Zukunft vu ville Mënschen an ech hoffen, dass d'Bierger net als Verhandlungskapital mëssbraucht ginn. Ech sinn awer zouversichtlech dass mir eis do eens ginn, a dass all déi Bierger kënnen bleiwe wou si elo sinn. Dat ass eise gemeinsamen Intérêt.
44. E weidere wichtege Punkt ass de Bannemaart a méi spezifesch d'Finanzdéngschtleeschungen. Mir müssen oppassen, dass de sougenannte "*Level Playing Field*" bestoe bleibt fir dass eis Finanzplaz wettbewerbsfähig ka bleiwen. Dofir ass et noutwenneg dass London dee nämmechten *Cadre réglementaire a prudentiel* huet wéi Lëtzebuerg, an och nom Brexit en equivalente Kader behält. Dofir ass de System vun den Equivalenze fir den Accès vun deene verschiddenen Déngschtleeschungen am Finanzberäich op den europäesche Marché esou wichtig a mir müsse kucken, dass dee System nom Brexit deenen neie Realitéiten ugepasst gëtt.
45. Bei all deem sief gesot, datt Lëtzebuerg e wichtege Acteur am Verhandlungsprozess mat dem Vereenegte Kinnekräich wäert sinn. Mir hu grousse Interessien ze verdeedegen. A mir wäerten dat maachen op eng offen a fair Aart a Weis, mee mir wäerten eis Positioun mat Hänn a mat Féiss verdeedegen. Mir akzeptéiere keng faul Kompromësser, déi fir eis a besonnesch fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg zum Nodeel wieren. No deal is better than a bad deal, sot d'Theresa May an hirer Ried de 17. Januar. No deal is better than a bad deal, dat gëllt och fir Lëtzebuerg.

ZUKUNFT VUN EUROPA

46. 2017 ass e wichtegt Joer vir d'Europäesch Unioun. Et ass e Joer dat mat vill Spannung gelueden ass, net zulescht wéinst de Wahlen a verschiddene Memberstaaten. Dëst Joer feiere mir och de 60. Anniversaire vun de Verträge vu Roum. Deemools, viru 60 Joer, gouf zu Roum den eigentleche Grondsteen vun der Europäescher Unioun geluecht. Fir dësem Ulass ze gedenke kommen di 27 Staats- a Regierungschefen de Samschdeg zu Roum zesummen. Net just fir dat 60-Joer-laangt Bestoe vun der Europäescher Unioun ze feieren, mee och fir den Zesammenhalt an d'Solidaritéit tëschent de 27 Memberstaaten ze konsolidéieren.

47. Dausende Mënsche sinn an deene leschten Deeg a villen europäesche Stied am Kader vun der Biergerbeweegung "Pulse of Europe" op d'Strooss gang, fir e kloer Message fir e gëeent Europa ze senden. Mir brauche méi vun esou engem couragéierten Engagement am Sënn vun der europäescher Iddi, virun allem elo am Kader vun de Debatten iwwer d'Zukunft vun Europa.

Vergiesse sollt een och net, zemol haut, wou d'Europäesch Unioun net an Héichform ass, de prägende Saz vum Jean Monnet: „Si c'était à refaire, je commencerais par la culture“. Europa, a speziell seng institutionell Dimensioun ass dacks, och fir Leit déi 13 Joer dobäi sinn, a schwéier verständleche Plat. Fir de Bierger quasi onverdaulech. Mee d'Kultur vum Dialog, d'Literatur, d'Molerei, d'Musek, zum Beispill, huet ee wesentlech méi déifgräifende Charakter am Vollek fir gutt ze verstoe wat zesumme gehéiert an Europa, a wat net därer ausernanergerappt ginn.

48. Et ass elo em sou méi wichteg, dass di 27 Memberstaaten zesumme réckelen an dat Gemeinsamt héich halen. An der Deklaratioun déi fir de Sommet vun dësem Samschdeg virgesinn ass, wëllen d'EU-Memberstaaten op d'Errongenshafte vun der Europäescher Unioun hiweisen, op de Friddensprojet deen d'EU ass, op d'Wärtergemeinschaft déi mir zesummen opgebaut hunn an déi d'Reckgrat vun eiser Unioun ass. An dat ass och richtig esou. Mir sollten net vergiessen wat mir zesummen iwwer déi lescht 60 Joer opgebaut hun. Wat Europa bedéit, firwat et steet.

49. D'Europäesch Unioun ass en eenzegaarte Integratiounsprojet, deen eis Wuelstand a Stabilitéit, Fräiheet a Fridden bruecht huet. Erasmus a Schengen, Emweltschutz a Konsumenteschutz, Wirtschafts-a Währungsunioun, dat Alles sinn Acquis'en vun engem vereenten Europa. Dorop kënne mir zu Recht houfreg sinn.
50. Dat heescht net dass mir net mussen kritesch an d'Zukunft kucken, an eng Zukunft ouni d'Vereenegt Kinnekräich. Mir musse kloer Prioritéite festleeën an dobäi dat am Ae behale wat fir de Bierger wichteg ass: Sécherheet virun allem, an Europa an em Europa, gutt an nohalteg Aarbechtsplazen, d'Ofséchere vun eisem Wuelstand a vun der sozialer Maartwirtschaft.
51. An der Deklaratioun vu Roum soll doriwwer eraus un d'Grondwäerter vun der Unioun an un d'Grondprinzipien erënnert ginn, ouni déi eng Ëmsetzung vun deene praktesche Prioritéite vun der Europäescher Unioun net geléngt kann: dozou gehéiert virun allem de Prinzip vun der Solidaritéit. Ouni dass d'EU-Memberstaaten sech ënnertenee solidaresch verhalten an och géigeniwwer deene Mënschen déi bei eis kommen, well si virum Krich an der Verfolgung flüchten, komme mir net weider. Eng Solidargemeinschaft entsteet awer net vun haut op muer. Si entsteet opgrond vu groussen Ustrengungen, an der dagdeeglecher Zesummenaarbecht. Si entsteet och a Krisesituatiounen an an Zäite vun Ëmbréch, wéi mir se momentan kennen.
52. Am Kader vun de Virbereedunge fir de Sommet zu Roum huet d'Europäesch Kommissioun viru kuerzem e Wäissbuch iwwer d'Zukunft vun der Europäescher Union presentéiert. Am Wäissbuch schléit de Jean-Claude Juncker 5 Zeenarien fir. Wann een déi eenzel ënnersicht, da muss ee feststellen dass e puer vun hinnen am Fong fir Lëtzebuerg net a Fro kommen. Just einfach viru maachen wéi bis elo, ouni weider Reflexioun oder Changement, dat schéngt mer kaum de richtege Wee. Ech kann mir och net virstellen dass d'EU sech just op de Bannemaart géif reduzéieren. Op der anerer Säit ass deen Zeenario, dass d'Unioun méi wéi bis elo gemeinsam handelt, fir Lëtzebuerg sécherlech ganz wëschenswert, an och d'Idealvirstellung mee en ass net realistesch well et gëtt leider eng ganz Rei vu Memberstaaten déi dat guer net wëllen. Et bleiwen dann nach zwou Optiounen, déi méiglech sinn an déi een, a mengen Aen,

och ganz gutt matenee verbanne kann: en Europa mat verschiddene Vitessen an en Europa wat manner mécht, mee dass dat wat et mécht besser mécht. Esou een Europa vun de verschiddene Vitessen ass an dierf keng Provokatioun geint Länner aus dem Osten vun der Unioun sinn. Am Geigendeel, et soll Ustéiss ginn fir d'EU weiderzebréngen an all Land kann sech och, wann et wëll, direkt oder spéider uschléissen.

53. Wann een sech d'Eraufuerderungen ukuckt, virun deene mir stinn, da kënnen eis Uspréich un enger méi enker Zesummenaarbecht guer net héich genuch sinn. Nëmme wa mir zesummeschaffen, kënnen mir als Europäesch Unioun laangfristeg eis Interesse verteidegen. D'Gewiicht vun Europa an der Welt hält of – sief et wat d'Wirtschaft ubelaangt, oder och d'Bevëlkerung. D'Spannungen um internationalen Niveau huelen zou, an a villen Deeler vun der Welt gëtt opgerüst. D'Europa vun haut, sou wéi mir et kennen, mat senge fortschrëttleche Sozialsystemer a sengen héije gesellschaftleche Standarde kënnst ëmmer méi ënner Drock. Nëmme duerch Zesummenaarbecht kënnen mir deenen Tendenzen entgéint wierken, an zentrale Froen um internationalen Niveau matentscheiden, an dat wat mer bis ewell erreicht hunn laangfristeg sécheren.
54. D'Unioun muss sech och weider dofir asetzen, dass d'Grondprinzipie vun der Rechtsstaatlechkeet agehale ginn. Ech hunn dat scho gesot, mee ech wëll nach eng Kéier insistéieren. Ouni dass dës Prinzipien, sou wéi se am Traité néier geluecht sinn, an allen EU-Memberstaate respektéiert ginn, kann d'Europäesch Unioun laangfristeg net als en Zesummeschluss vu modernen Nationalstaate funktionéieren. D'Europäesch Unioun ass als eng Wäertegemeinschaft gegrënnt ginn, an dobäi soll et och bleiwen! De Respekt vun de Kopenhagen-Kritèrë vun 1993 ass net eleng beim Antrieden an d'Europäesch Unioun entscheidend, si sinn duerno konstant an zu 100 Prozent ze respektéieren.
55. D'Initiativë vun der Europäescher Kommissioun am Domaine vun der Rechtsstaatlechkeet iwwe d'Situatioun a Polen hunn bis elo net déi erhoffte Resultater erbruecht. Di aktuell Hürde fir d'Prozedur vum Artikel 7 vum Lissabonner Vertrag, déi streng Sanktioune géint e Memberstaat virgesäit, deen d'Prinzipie vum Rechtsstaat net méi richtig respektéiert, sinn

héich. Anerersäits kann d' Europäesch Unioun net einfach nokucken, wéi hir Grondprinzipie mat de Féiss getrëppelt ginn. D'Unioun muss sech also déi néideg Mëttel an adequat Instrumenter ginn, fir d'Prinzipie vum Rechtsstaat ze schützen. Aus menger Siicht däerf de Conseil, weder d'Kommissioun nach d'Europaparlament, am Stach loossen. Am Conseil musse méi Stëmme sech bemierkbar maache fir ze verdäitlechen dass een an engem EU-Memberstaat weder d'Gewaltentrennung, nach d'Pressefräiheet oder d'Onofhängegkeet vun der Justiz béie ka fir der Ideologie vun enger Regierungspartei fräie Laf kënnen ze ginn.

56. Lëtzebuerg huet an der Vergaangenheet all Initiativen an deem Beräich voll a ganz ënnerstëtzt a mir wäerten dat och an Zukunft maachen. Mir gehéieren ze deene Memberstaaten, déi als "Frënn vum Rechtsstaat" sech ganz besonnesch aktiv fir de Respekt vun der Rechtsstaatlechkeet an Europa asetzen. Mir ënnerstëtzen och d'Initiativ vun de Frënn vum Rechtsstaat fir e Peer-Review-Mechanismus am Rot vun der Europäescher Unioun ze schafen, deen et de Memberstaaten erméiglecht, en Aen op d'Situatioun vum Rechtsstaat an deenen eenzele Memberstaaten ze halen.
57. Mir brauchen en Europa dat nach méi no bei de Bierger ass. Mir brauchen en Europa dat méi sozial ass an wou déi sozial Dimensioun niewent der wirtschaftlech- finanzieller Dimensioun hir gläichberechtigt Plaz huet. Wann mir dat net fäerdeg bréngen, da verléieren d'Bierger hiert Vertrauen an Europa.
58. Fir virun ze kommen muss d'Europäesch Unioun haut méi Asaz beweise wéi dat vläicht an der Vergaangenheet néideg war. Lëtzebuerg setzt sech dofir um europäeschen Niveau an. Mir versiche mat deenen, déi esou denke wéi mir, méi enk zesummeschaffen. Europa ass um Enn dat, wat seng Memberstaaten doraus maachen. Dorop soll sech also eis Energie konzentréieren, an dofir ass et och ni ze spéit.
59. Wat déi wichteg Sujeten ugeet déi an deenen nächste Méint um europäeschen Niveau op eis duer kommen, ech denken dobäi un de Brexit, un eis zukünfteg Relatioun mam dem Vereenegte Kinnekräich an och wat d'Zukunft vun der Europäescher Unioun ugeet, huet

d'Regierung wëlles ganz enk mat der Chamber zesummen ze schaffen. Beim Brexit zum Beispill sinn ech selbstverständlech bereet d'Arbeschten vum Ministerrot (Conseil Affaires générales) an der Chamberkommissioun virzedroen an se zur Diskussioun ze stellen, grad esou intensiv wéi mir dat bei den Handelsvertreeg gemaach hunn. Dat selwecht gëllt och fir déi grouss Achsen a Saachen Zukunft vun der EU déi no de Festivitéiten zu Roum ustinn, zum Beispill di sozial Dimensioun vun Europa, d'Wirtschafts- a Währungsunioun an d'Zukunft vun der europäescher Verdeedegung.

WIRTSCHAFTSLAG AN EUROPA

60. Och wann de Chômage an di sozial Precaritéit an der EU ze héich bleift, gëtt et trotzdem Liichtblécker, op Grond vun Entwécklungen déi d'EU-Kommissioun Mëtt Februar publiziert huet. Deemno wieren a géifen 2016, 2017 an 2018 d'Ekonomien vun all den europäesche Memberstater di éischt Kéier zënter 10 Joer wuessen. De Wirtschaftswuesstem an der EU soll dëse Prognosen no 2016, 2017 an 2018 em 1,8% klammen an d'Staatsverschëldung vun den EU-Memberstater soll progressiv erofgoen. Dëst wäert e positiven Impakt op d'Aarbechtmarchéen an de Chômagetaux an der EU hunn. Mee trotz dësen éischter positive Previsiounen huet d'EU-Kommissioun ganz Recht wann se seet, dass et weiderhi gëllt, virsiichteg ze sinn, well mer eis a politesch ganz onstabillen Zäite befannen. Dëst ënnert anerem duerch Wahlen a sëllegen europäesche Länner dëst Joer, duerch de Brexit an déi nei US-Regierung, déi sech nach a ville wichtege Beräicher positionéiere muss. Et gëllt also di europäesch Wirtschaft weiderhin ze konsolidéiere fir se méi resistent vis-à-vis vun externe Schocken ze maachen.

61. An dësem Kontext setzt Lëtzebuerg sech och weiderhin fir eng Verstärkung, Stabiliséierung a Verdéiwung vun der Wirtschafts- a Währungsunioun an. Eng staark a gutt funktionéierend Wirtschafts- a Währungsunioun dréit dozou bäi fir d'europäesch Economie besser op d'Zukunft ze preparéieren, se méi krisefest ze maachen a fir de Risiko vun enger neier Wirtschafts- a Finanzkrise ze reduzéieren. Si gehéiert zu enger vun de wichtege Baustelle vun der

Europäescher Unioun an et wier e Feeler, hir Finalisatioun ze vernoléisseg. Esou laang dës nach net fäerdeg gestallt ass, bleiwen d'Eurozon an d'Europäesch Unioun am Allgemengen a Chantier deen net faerdeg ass. Ech sinn dofir gespaant op de Virschlag zur Weiderentwécklung vun der Wirtschafts- a Währungsunioun vum EU-Kommissiounspresident, deen hien dëse Mount virstelle wëll.

62. Ech sinn der Meenung, dass d'EU-Memberstaaten nach däitlech méi Efforte maache mussen fir d'Wirtschafts- a Währungsunioun ze verdéiwen. Lëtzebuerg plaidéiert hei fir eng Approche an Etappen, déi keng Ännerung vun den Traitée fuerdert. Et geet dobäi net just em eng grondsätzlech Verdéiwung vun der Banken- a Kapitalmaartunioun. Di laangfristeg Kreatioun vun enger gemeinsamer europäescher Garantie des dépôts an enger Verdéiwung vun der Fiskalunioun si wesentlech Piliere vun enger stabiller Wirtschafts- a Währungsunioun. Mee dëst setzt e Minimum un europäescher Solidaritéit viraus, wat, an dat gesi mer jo leider och an aner Politikberäicher an der EU, net evident ass. Et gëtt an der EU e Konsens doriwwer fir d'Legitimitéit vun der Wirtschafts- a Währungsunioun ze renforcéieren. Eng Verstärkung vun der sozialer Dimensioun an der EU géif zu dëser Dynamik bäidroen.

63. Am Kontext vun der Wirtschafts- a Währungsunioun däerfe mer also e ganz wichtege Aspekt net vergiessen, e fundamentaalt Element vun de Valeuren déi d'Europäesch Unioun definéieren an vun deem Lëtzebuerg en stolze an iwwerzeegte Verrieder ass: déi sozial Dimensioun. Si war ëmmer schonn en zentraalt Element vun der Lëtzebuergescher Europapolitik a mir konnten hir am Kader vun de Prioritéite vun eiser Présidence besonnesch Visibilitéit verschafen, an se domat ganz uewen op d'Agenda vun der EU schreiwen. D'lescht Joer ass de sozialen Dialog nees staark relancéiert ginn a mir müssen all Efforten maachen fir d'Objektiver vun der Strategie Europe 2020 ze erreechen. Vir d'Zukunft vun der Unioun ze assuréieren ass et wichtig, dass bei all budgetärer oder wirtschaftlecher Entscheidung de sozialen Impakt en ausschlaggebende Facteur ass. Ech ginn ee Beispill: wa mer d'Zuele vum Jugendchômage an Europa kucken, ass et ganz kloer dass mir effizient Measure müssen ergräife fir d'Situatioun ze verbessern. Virun allem am aktuelle Kontext, wou euroskeptesche Stëmmen an ville Länner emmer méi haart ginn, mussen mir eis dofir asetzen, dass mir mat den zukünftegen europäeschen Investissementer eng

sozial an nohalteg Zukunft opbauen, déi der jonker Generatiounen Hoffnung a virun allem Vertrauen an den europäesche Projet gëtt.

HANDELSPOLITIK

64. An der europäescher Handelspolitik sinn dat lescht Joer eng Rei vun zukunftsweisenden Entscheedunge geholl ginn. Ech wëll der hei just zwou erausgräifen, an zwar zum engen d'Ënnerschrëft vum CETA an zum aneren d'Reform vun den Antidumpinginstrumenter mat deenen d'EU sech besser géint onfair Handelspraktike wiere kann.
65. Iwwert de CETA ass, an do mengen ech sinn mir eis eens, zu Recht ganz vill diskutéiert ginn. D'Chamber wäert och nach weider Geleeënheet kréien, sech mat dësem Accord kritesch auserneen ze setzen. Ech wëll op dëser Platz net méi op déi sëllechen Argumenter agoen, déi mir ausgetosch hunn. Mee ech wëll awer festhalen, dass an Zäite wou anerer iwwee Grenzen nodenken, där aus Betong an där méi subtiler, mee dofir net manner geféierlecher, d'EU et fäerdeg bruecht huet, zesumme mat engem wichtege Partner zu engem Ofschloss ze kommen, dee Moosstief setzt. Moosstief wann et drëm geet, dem Diktat vun enger nëmme op de kuerzfristege Profit ausgeriichter Globaliséierung d'Primat vun der Politik entgéint ze setzen. Ech bleiwen a déifster Iwwerzeegung bei dëser These.
66. Eng progressiv Handelspolitik ass elementär, fir eis an eis europäescher Wäerter an enger Welt ze behaupten an där d'wirtschaftspolitescht Gewiicht vun der EU tendenziell ofhëlt. Eng Welt, an där den technologesche Wandel Gewunnechten a Fro stellt an domadder och d'Ufuerderungen un d'Leit méi grouss ginn. Mee mir sollen och net mengen, dass de fräien a fairen Handel - béides ass a mengen Aen ontrennbar matenee verbonnen - e Wonnermëttel ass, dat déi méi negative Auswierkunge vun der Globaliséierung kann ausgläichen. Dofir brauch et d'Zesummespill vu verschiddene Politikberäicher an Instrumenter, um nationale Plang wéi

och op europäeschem Niveau. Nëmmen da wäert et eis geléngen, d'Verännerunge vun der Gesellschaft mat de Virstellung vum der Gemeinschaft erëm an Aklang ze bréngen.

67. Fräien a fairen Handel heescht och dass mir als EU, zesumme mat anere Partner, eis Regeln ginn, fir dësen Handel ze steieren. Mee et geet net duer, dass dës Regele matbestëmmt ginn, si mussen och ëmgesat an agehale ginn. An dorunner happert et leider an der Praxis. Dowéinst mussen mir eis déi néideg Mëttelen ginn, fir dofir ze suergen, dass eis Betriber net benodeelegt gi vun anere Länner: benodeelegt, well si net dee selwechten Zougang op dës Marchée kréie wéi deen, dee mir als EU ubidden, oder benodeelegt well aner Länner hir Produkter, déi heiansdo och aus Iwwerkapassitéiten entstinn, zu Präisser ubidden, déi net kauscher sinn: an der Sprooch vum fräien Handel schwätze mir dann vun Dumping.

68. Selbstverständlech mussen eis Mëttel 100-prozenteg vereenbar si mat de Regele vun der Welthandelsorganisatioun, der OMC. D'OMC ass niewebäi gesoot dat eenzegt internationalt Gremium, deem sech d'USA bis elo stellen. Dat erkläert firwat mir als EU zweemol préiwen, ob eis Antidumpinginstrumenter nach ëmmer konform zu dëse Regele sinn. Dowéinst huet d'Kommissioun am leschte Joer e Virschlag fir eng Reform vun eisen Antidumpingregelen op den Dësch geluecht, wou mir als Lëtzebuerger Regierung der fester Iwwerzeegung sinn, dass en an déi richteg Richtung geet. Wann dës Aarbechte bis ofgeschloss sinn, an dat kéint schon am Laf vun den nächste Méint sinn, da setzt d'EU e staarkt Signal, dass d'Verdeedegung vun den europäesche Betriber géint onfair Handelspraktiken am Aklang steet mat de Regele vun enger fairer a fräier Welthandelsuerdnung.

TIERKEI

69. Wéi dir wësst war 2016 e mouvementéiert Joer fir d'Tierkei. De Versuch vun engem Coup d'État vum 15. Juli huet d'Fundamenter vun der tierkescher Demokratie gerëselt. Mir all konnten eis net virstellen, dass am 21. Joerhonnert an engem EU- Bäitrittland, eng demokratesch gewielte Regierung duerch e Militärputsch kéint ofgesat ginn. Mir hun dëst Virgoen op schäerfst condemnéiert an eis Sympathie a Solidaritéit mam tierkesche Vollek ausgedréckt, dat

op d'Strooss gaangen ass fir seng Demokratie ze verdeedegen. D'EU huet kloer gemaach, dass si hannert der Tierkei stoung wéi et dorëms goug, d'konstitutionell Uerdnung nees hirzestellen. Mir waren ëmmer solidaresch mat dem tierkesche Vollek an Hisiicht op d'terroristesche Attentater. Näischt kann esou Attacken justifiéieren.

70. Mee, mir kenne net averstane sinn mam Virgoe vun der tierkescher Regierung an hirer Reaktioun op de Coup-Versuch. Am September, wéi den tierkeschen Ausseminister Cavusoglu versprach huet mam Conseil de l'Europe zu Strosbuerg zesummen ze schaffen, hat ech mir grouss Hoffnungen gemaach. Mee d'Evolution zënterhir an der Tierkei kënnen mir net akzeptéieren. Et ass net verrietbar dass d'Grondrechter vun de Bierger esou bafouéiert ginn. Méi wéi honnertausend Leit goufen hirer Funktioun enthuewen. Dausende Leit goufen an de Prisong gesat, dorënner Journalisten an Deputéierten. Medien, ONGen a Schoule goufen zougemaach. D'Mënscherechter an d'Demokratie gi mat Féiss getrëppelt. De President Erdogan huet proposéiert d'Doudesstrof erëm anzeféieren. Dat ass net akzeptabel. Dat ass eng rout Linn déi défintiv net dierf iwwerschritt ginn.

71. Jo, d'Tierkei an d'EU brauchen sech géigesäiteg als Partner an der Migratiounspolitik. Jo, d'Tierkei ass e wichtige NATO-Partner an e wichtigen Akteur an der internationaler Politik. Mee d'Positionen déi den tierkesche President an deene lëschte Méint bezun huet, sän Virgoen a Saache Demokratie, Rechtsstaat a Mënscherechter kenne mir net einfach esou unhuelen. Dofir war et eng richtig Entscheedung vun der EU, fir déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Tierkei am Kader vu de Baitrëtsverhandlungen zrëckzeféieren. D'Verhandlungsgespréicher sinn och de facto ënnerbrach.

72. D'Evenementer vun deene leschten Deeg wäerten wuel och weider Spuren am Verhältnis Europäesch Unioun - Tierkei hannerloosen. Ass een sech an der Tierkei wierklech net bewusst dass mat deem Gejäiz iwwer Faschismus an Reliounskricher an der EU, de Risiko ganz grouss gëtt, dass all Diplomatiekultur futti geschloe gëtt? Ass ee sech net bewusst dass de wirtschaftlechen a sozialen Fortschrëtt an der Tierkei zum groussem Deel dem riesegegen Wirtschaftspotential mat der EU ze verdanken ass? An dass en Zesummebréchen vun de

Relatiounen zum Nodeel vu Milliounen Awunner aus der Tierkei, a vu Milliounen Tierken an Europäer tierkescher Origin wäer? Ech kann nëmmen hoffen dass et geschwënn zu engem Emdënken kënnt. Mee d'Hoffnung ass ganz dacks der Realitéit net gewuess.

UKRAIN/RUSSLAND

73. D'Joer 2016 war leider och nées vun der Kris an der Ukrain gezeechent. Méi wéi 10.000 Leit sinn zënter 2014 bei Kämpf am Oste vun der Ukrain ëm d'Liewe komm.
74. Trotz laange Verhandlung souwuel am Normandie-Format, wou Däitschland a Frankräich tëscht Russland an der Ukrain vermëttelen, wéi och an der trilateraler Kontaktgrupp, wou d'OSZE tëscht der Ukrain engersäits, a Russland an de Separatisten anersäits vermëttelt, gëtt de Waffestëllstand nach ëmmer net respektéiert. Eleng op ukrainescher Säit sinn zënter dem 1. Januar vun dësem Joer 41 Doudeger ze verzechnen. De Spezialrepresentant vun der OSZE, den Här Martin Sajdik, huet emol méi zum Réckzuch vun de schwéiere Waffen a gesécherter a permanent Stockage-Strukturen opgeruff, an ënnerstrach dass e sécheren Accès vun de Beobachter muss garantéiert ginn fir dass och déi humanitär Efforte vun der Internationaler Communautéit kënne weidergoen. Ouni Wafferou am Donbass besteet keng Chance dass d'Minsker Accorden Wierklechkeet ginn.
75. D'Konfliktparteie mussen och mat der Ëmsetzung vun der politescher Dimensioun vum Minsk Ofkommes weiderfueren. D'Kris an der Ukrain kann nëmmen duerch den Dialog geléist ginn. No Problemer 2015 huet di ukrainesch Regierung 2016 weider un den néidege Reforme geschafft, an notament bei der Bekämpfung vun der Korruptioun, an bei der Reform vun der Justiz nei Akzenter gesat. Déi Reforme ginn awer nach net wäit genuch an d'Regierung muss do weider maachen a konkret all déi Reformmesuren duerchsetzen. Ech hun dat och d'lescht Woch dem President Porochenko gesot wéi ech zu Kiew wor.
76. Ech hunn vun där Visite profitéiert fir mir d'Situatioun am Donbass unzekucke wou ech an der Géigend vu Marioupol bis op Schirokyne, just e puer honnert Meter vun der Kontaktlinn, gaange sinn. Wat ech do gesinn hunn ass ee Krich deen net vun e puer vereenzelte Léit mee

vun enger organisierter Arméi ausgefouert gëtt; mat komplett zerstéierten Dierfer a grousem mënschleche Leed. D'Billen am Donbass sinn Billen aus enger Krichsregioun. Et sinn déi selwecht Billen vun Verwüstung wéi mir se an der Noperschaft vun Mossul am Irak gesinn hunn.

77. Eis Regierung huet zënter dem Ufank vum Konflikt iwwert 1,2 Milliounen Euro fir humanitär Projete an d'Ukrain ginn. Ech hunn während menger Visite eng weider hallef Millioun fir 2017 annonciert, mat där mir Sanitärinfrastrukturen an och d'Kanner an den Krisengebieder ënnerstëtze wëllen. D'OSZE Missioun hunn mir net nëmme finanziell mee och mat engem Observateur ënnerstëtzt deen d'lescht Joer bei där Missioun mat derbäi wor, an zwar an der Géigend vu Luhansk.
78. No der illegaler Annexioun vun der Krim, an opgrond vun der Destabiliséierung vum Oste vun der Ukrain, hat d'Europäesch Unioun keng Alternativ wéi geziilte Sanktiounen géint d'Separatisten a géint Russland ze huelen. Sanktiounen sinn nëmme een Instrument fir de Konflikt ze entschäerfen. Se sinn enk verbonne mat der integraler Applicatioun vun de Minsker Ofkommen a kënnen opgehuewe ginn, soubal d'Konditiounen dofir erfëllt sinn. Déi sektoriell Sanktiounen si fir de Moment verlängert bis den 31. Juli 2017. Da muss de Conseil vun der EU d'Situatioun nees nei aschätzen. An deem Kontext ass e konstruktiven Engagement vun alle Parteien néideg fir d'Mise en oeuvre vun de Minsker Ofkommen ze erreechen.
79. Déi voll Ëmsetzung vun de Minsker Accorden ass och extrem wichteg fir ons Relatiounen mat Russland erëm ze normaliséieren. Mir musse weider den Dialog mat Russland sichen, och wa mir am Moment grouss Differenzen hunn. Wirtschaftlech an politesch gesinn brauch Russland Europa an Europa brauch och Russland. Mir müssen also e Wee fannen, fir dass di aktuell Situatioun evoluéiert a fir mech geet dat nëmme iwwert d'Diplomatie. Dat hunn ech och ganz kloer gemaach wéi ech den leschten September zu Moskau mam russeschen Ausseminister Lavrov zesumme komm sinn.
80. Ech hoffen dofir och dat déi russesch Delegéierten erëm an de Sëtzungen an un der Aarbecht vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarat deelhuefen. Kloer ass, dass virun allem Russland säi Beitrag dozou leeschte muss. Den Dialog an déi parlamentaresch

Verstännegung si wichteg, sännvoll a néideg, awer si mussen um Fundament vu gemeinsame Grondwäerter an de Spillregele vum Europarot stattfannen.

81. Doriwwer eraus muss Russland och seriö Efforte maache wat Demokratie a Rechtsstaatlechkeet ugeet. Virun 2014 hate mir alleguer an Europa déi grouss Hoffnung dass déi praktesch Zesummenaarbecht a ville Beräicher, vun der Energieversuergung bis zur Moderniséierung vun der Wirtschaft, eis géif viru bréngen. Sécherlech hate mer och Erwaardungen, fir iwwer des praktesch Zesummenaarbecht eng méi déif Partnerschaft an anere wichtige Froen ze erreechen: a Froe vun der Demokratie, der Rechtsstaatlechkeet, der gemeinsamer Verantwortung fir dës Welt. Mir hunn eis mat guddem Wëllen engagéiert, an hunn och esou muenches op de Wee bruecht. Awer ech muss haut leider soen dass vill vun dësen Erwaardungen sech net erfüllt hunn.

SÜDLECH NOPERSCHAFT

82. Erlabt mer elo e Moment bei der südleecher Noperschaft vun Europa, Nord Afrika an de Mëttleren Osten, stoen ze bleiwen. Et ass eng Regioun, déi schonn ze laang vu Konflikter, Chaos a Kricher geplot ass, déi d'Ursaachen vu Extremismus, Konfessionalismus, Migratioun an Aarmut sinn. D'Bild vun der arabescher Welt ass oft eent vu politeschen, sozialen an wirtschaftleche Krisen. Dobäi kënnt de reliéisen Aspekt: d'Divisioun tëschent Sunniten a Shiiten. Hei geet et awer, losst mech dat eemol méi ënnersträichen, virun allem em politesch Intéressi, em d'politesch Virmuecht an der Regioun.

83. D'arabesch Welt huet eng ganz jonk Populatioun, mat bal 60% déi manner wéi 30 Joer hunn a bal 3 Milliounen Jonken déi all Joer op den Aarbechtsmarché kommen. Den Taux vun der Jugendarbeitslosegkeet ass ee vun den héchsten op der Welt. Et ass dës sozioekonomesch Perspektivlosegkeet, déi d'Wuerzel vu ville Problemer am Mëttleren Osten ass.

84. Konflikter a Syrien, am Irak, a Libyen an am Yemen hun all eppes gemeinsam: si kenne nëmmen duerch politesch Efforten geléist ginn. An all deene Länner gëtt et keng militäresch Léisung vun de Konflikter.

85. Op den nationale Niveaue muss en Dialog tëschent de verschiddene Gruppen gefouert ginn. Et muss eng gemeinsam an inklusiv Gouvernance ausgeschafft ginn, fir laangfristeg géint d'Marginaliséierung, d'Diskriminatioun an d'Ausschléissung virzegoen. D'Diversitéit, d'Rechter an d'Aspiratioune vun alle reliéisen an ethnische Communautéiten musse respektéiert ginn. Nëmmen duerch national Reconciliatioun kann et zu enger dauerhafter Stabilisatioun vun dëser Regioun kommen. Nëmmen esou kann d'Souveränitéit an déi territorial Integritéit vun deene Länner garantéiert ginn.
86. Fir géint dës gemeinsam, an ech benotzen dëst Wuert ganz bewusst, Erausforderunge virzegoen, dierfe mer als Europa eis net vun eiser Noperschaft isoléieren. Mir musse mat deene Länner direkt zesummeschaffen. D'Attentater an eisen dräi Nopeschlänner, zu Paräis, Bréissel, Nice a Berlin hunn 277 Liewen gefuedert, honnerte vu Léit goufen blesséiert. Déi Attentater hun eis all viséiert a mir mussen zesummen dogéint virgoen. Nëmmen duerch international a multilateral Zesummenaarbecht kann dëse Problem geléist ginn. Losst eis och net vergiessen dass de gréissten Deel vun den djihadisteschen Attentater am Mëttleren Oste stattfannen an déi meeschten Affer Mosleme sinn.
87. De Kampf géint den Terrorismus stellt eis virun eng duebel Erausforderung: e muss mat Determinatioun, effektiv an effizient, gefouert ginn, mee dobäi mussen mir och gläichzäiteg eisen eegene Wäerter vun Rechtsstaatlechkeet trei bleiwen.
88. De Konflikt a **Syrien** huet iwwer 300.000 Mënschen d'Liewen kascht an déi gréisst humanitär Kris zënter dem Zweete Weltkrich provoziert. Firwat? Déi éischt Äntwert ass, a bleift: wëll en Diktator mat alle Mëttelen un der Muecht wëll bliiwen. Wëll hien net zéckt mat brutaalster Gewalt géint säin eegent Vollek virzegoen. Mir brauchen nëmmen un d'Biller vun Ost-Aleppo ze denken, déi u Grausamkeet kaum ze iwwertreffen sinn. Et ass do zu Recht vun engem Guernica vum 21te Joerhonnert geschwat ginn.

89. Iwwer déi sechs Joer déi de syresche Konflikt elo schonns undauert, sinn awer donieft Kricher am Krich entstane: vum proxy-Krich tëschent dem Iran a Saudiarabien fir Virmuecht an der Region iwwer de Kampf vun der Tierkei géint kurdesch Gruppen oder vun der Global Coalition géint Daech. Situatioun um Terrain gëtt ëmmer méi komplex, d'Allianzen tëschent den Oppositionsmilizen, vun deenen sech a puer ëmmer méi radikaliséieren, ännert heiansdo am Woherhythmus.
90. D'Konferenz am Januar zu Astana wor dofir een éischte Liichtbléck zënter laangem. Den Iran, Russland an d'Tierkei, déi deelweis ënnerschiddlech Säiten am Krich ënnerstëtzen, sinn do zesummekomm an hu sech op e limitéierte Waffestëllstand gëeenegt. Eng nohalteg politesch Léisung a Syrien hängkt zu engem groussen Deel vun der Attitude vun de Länner of, déi e politeschen, militäreschen oder ekonomeschen Afloss op déi syresch Konfliktparteien hunn. D'Tierkei a Russland, no méintelaangen Tensiounen, schaffen, bei allen Divergenzen, erëm mateneen.
91. D'Dynamik vun Astana huet et méiglech gemaach dass e groussen Deel vun de syresche Konfliktparteien de Wee op Genf fonnt hunn. Et ass ze hoffen, dass den Envoyé spécial vum Generalsekretär vun der UNO, de Staffan de Mistura, d'Parteien zu konstruktive Gespréicher ka beweegen. No sechs Joer Krich misst et jiddweringem kloer sinn, dass kee militäresch ka gewannen, mee just jiddweree verléiert. Iwwermuer ginn d'Negociatiounen zu Genf weider, hoffentlech mat alle Parteien.
92. D'Wiel a Syrien kann awer net déi tëschent zwou Tyrannie sinn, tëschent dem Assad-Regime an den Jihadisten. Dofir musse mir eis och weider op der Säit vun der moderéierter Opposition asetzen, a fir inklusiv Verhandlungen zu Genf, op der Basis vum Communiqué vum 30 Juni 2012. D'Opposition muss e méi kohärenten Acteur ginn, fir kënnen effektiv de politesche Prozess ze gestalten.

93. Ech wéilt hei och en Appel maache fir eng Wafferou tëschent der Tierkei an de Kurden a Syrien. Hei bekämpfen zwee vun eise Partner sech. Déi tierkesch Offensiv géint Daech ass begréissenswäert an huet an der Lescht Fortschrëttler gemaach. Mee se soll sech weiderhin op Daech konzentréieren. D’Kurden, wéi ech op enger Rees an den irakesche Kurdistan am Dezember nach konnt op der Plaz gesinn, sinn eis Alliéiert am Kampf géint d’Extremisten, souzesoen d’Buedemtruppe vun der “Global Coalition”. Dass Daech a Syrien geschwächt ass, awer nach weiderhin Konter-Attacke lancéiere kann, hu mer am November gesinn wéi Palmyra erëm an d’Hänn vun den Djihadiste gefall wor. De Regime bekämpft haaptsächlech déi méi oder manner moderéiert Rebellen ouni sech zevill em d’Djihadisten ze këmmere. Iwwerdeems hunn déi kurdesch Milizen eng Offensiv op Rakka lancéiert, “d’Haaptstad” vun Daech an Syrien. Militäresch muss mer verhënneren, dass Daech-Kämpfer vu Mossul op Rakka ginn, an dass Daech nach weiderhin an Syrien existéiert nodeems se aus dem Irak verjot goufen.
94. D’EU ass den Haaptliwwerant vun humanitärer Hëllef a Syrien a ronderëm, mee eis Devise vis-à-vis vu Syrien muss bliwwen “Keng Hëllef fir den Opbau ouni politesche Prozess”.
95. Sécherheetsratsresolutioun 2254 muss ëmgesat ginn. An dat heescht: e Mechanismus schafen, deen eng politesch Transitioun méiglech mécht, an där déi ganz syresch Populatioun an hirer ganzer Diversitéit representéiert ass. Dat heescht dann och eng nei Konstitutioun an Neiwahlen.
96. Mee och e politesche Prozess dierf eis net d’Atrocitéite vun deene leschte Joër vergiesse loossen. Et däerf kéng Impunitéit fir déi Verbrieche ginn. Dofir hu mir eis och agesat wéi mir am Secherheetsrot waren, an dofir ënnerstëtzt Lëtzebuerg och aktiv e Mechanismus fir d’Krichsverbrieche a Syrien ze ënnersichen, deen am Dezember d’lescht Joer zu New York ugeholl ginn ass. Et gëtt geschat, dass an de leschte 6 Joer op mannst 60.000 Leit an de Prisonge vum Assad hiert Liewen hu misse loossen. Dat weist och, emol méi, dass den Assad sécher net dat “méi klengt Iwwel” ass.

97. Trotz där katastrophaler Situatioun däerf een den Optimismus awer net komplett verléieren. Eisen Asaz, de gemeinsamen Asaz vun der internationaler Communautéit, ass méi wéi jee gefrot.
98. Am **Irak** ass d'militäresch Situatioun lues a lues am gaangen ze dréien. D'Offensiv vun der irakescher Arméi op Mossul huet rieseg Fortschrëtter gemaach, och wann de West-Deel vun der Stad zum gréissten Deel nach ëmmer an der Hand vun Daech ass. Et ass domadder ze rechnen dass Daech nach dëst Joer keen Territoire am Irak méi wäert kontrolléieren.
99. Mee dëst heescht nach laang net, dass den Irak vun der Gefor, déi den Terrorismus ausmécht, wäert befreit sinn. Den Irak muss sech politesch grondleeënd reforméieren. Fir eis Ënnerstëtzung fir d'politesch Reformen an déi national Reconciliatioun ze weisen, sinn ech am Dezember, a menger Funktioun als President vum Minister-Komitee vum Benelux, zesumme mam Didier Reynders a mam Bert Koenders fir d'éischt op Bagdad an duerno op Erbil, an den irakesche Kurdistan, gefuer.
100. Déi bescht Waff am Kampf géint Djihadiste wéi Daech ass, ze weisen, dass déi verschidden ethnesh a reliéis Gruppen am Irak kënnen zesumme liewen an zesumme schaffen. D'Zesummenaarbecht vun de kurdesche Peshmerga an den irakeschen Truppen zu Mossul ass dofir dat beschte Beispill.
101. Dëst muss elo och a konkret Moosnamen ëmgesat ginn, ënnert anerem duerch méi regional Autonomie an an enger Dekonfessionaliséierung vun der Politik.
102. Zu Bagdad an zu Erbil hu mer en Zeeche fir den Zesammenhalt an déi territorial Integritéit vum Irak gesat, mee och eis Unerkennung ausgeschwat fir hir extraordinär Sacrificen am Kampf géint den Terrorismus an der Opnam vu Populatiounen, déi vum Konflikt deplacéiert gi sinn.
103. Den **israelesch-palästinensesche Konflikt** ass wahrscheinlech dee längsten, ongeléiste Konflikt op der Welt, deen trotz senger laanger Dauer naischt vun senger politescher, strategescher an emotionaler Wichtigkeet verluer huet. Déi ganz Regioun wäert sech net berouegen, wann

hiren eelste Konflikt net definitiv geregelt gëtt; soss liwwert en weiderhin Nährbuedem fir Frustratioun, Haass a Radikalisatioun, regional an weltwäit.

104.2017 ass fir den No-Ost-Konflikt e ganz symbolescht Joer. D'Okkupatioun dauert am Juni schonns 50 Joer un, während d'Konferenz vu Madrid déi zum Oslo-Prozess gefouert huet viru 25 Joer stattfonnt hat, an déi politesch Trennung tëschent Ramallah a Gaza, also tëschent der Fatah an dem Hamas, zesumme mat enger Blockade vun der Gaza-Sträif, virun 10 Joer ugefaangen huet. All Evolutiounen um Terrain weisen dass d'Situatioun sech verschlëmmert, ob duerch d'Zerstéierunge vu palästinensesche Strukturen, oder dem Bau vun israelesche Siedlungen an deene besate Gebidder, y inclus Ost-Jerusalem.

105.Zënter dem 20. Januar, zënter der Vereedegung vum néien amerikanesche President, huet Israel iwwert 6000 nei Wunnengen an de Siedlungen annoncéiert, méi wéi am ganze Joer 2016 zesummen. Obwuel d'Siedlungspolitik ausnahmslos vun jiddwer israelescher Regierung bedriwwen ginn ass, huet een d'Impressioun, dass all Retenue elo endgültig fort ass.

106.D'Virgoe vun Israel bei der Siedlungspolitik léisst Zweiwelen opkommen, ob Israel et mat enger Zweek-State-Léisung iwwerhaapt nach eescht mengt. Zënter Oslo huet sech d'Unzuel vun de Siidler op ronn 600.000 verduebelt. Wann Israel seng demokratesch esouwuel wéi seng demographesch Zukunft séchere wëll, féiert kee Wee un der Zweek-State-Léisung derlaanscht. Israel muss sech entscheiden, entweder fir d'Zweek-State-Léisung, oder fir d'Siedlungspolitik.

107.Israel, déi staark Partei, mécht d'Schafe vun engem palästinensesche Staat all Dag méi schwéier. Dëst ass eng kuerzsiichteg Politik déi riskéiert, d'Zweek-State-Léisung ze ersetzen duerch eng Ee-Staat Realitéit, déi aus Gewalt an Okkupatioun besteet.

108.Den internationale Konsens fir eng Zweek-State-Léisung ass am Dezember 2016 vum Sécherheitsrot an der Resolutioun 2334 nach eng Kéier däitlech ënnerstrach ginn, esou kloer wéi seelen. Dës Resolutioun seet ganz kloer, dass d'Grenze vun 1967 nach bestinn an dass Kolonien illegal sinn. Déi Paräiser Konferenz vum 15. Januar huet nach eng Kéier dësen

internationale Konsens ennerstrach. Ouni d'Israelien an d'Palästinenser mat um Dësch war et eng symbolesch Konferenz, déi anengems och gewisen huet, dass de sougenannte Friddensprozess um Nullpunkt ukomm ass.

109. Déi international Gemeinschaft muss weider ennersträchen, dass dësen internationale Konsens nach ëmmer gültig ass, an dass et keen "anti-Israel" a kee "pro-Palästina" gëtt. Mir an Europa si Frënn vun deenen zwee. Par conter, gëtt et dat internationaalt Recht an dat wat dogéint verstéisst, an da muss een och déi israelesch Regierung kritiséiere kennen.

110. D'Europäesch Positioune mussen och weiderhin op de Parametere baséieren, déi 2009 définéiert goufen. Déi arabesch Nopere sollen aktiv matwierken, zum Beispill bei engem vergréisserte Quartett. An déi Vereenegt State mussen u Bord gehale ginn, wat d'Wichtigkeet vun der Zweek-State-Léisung an engem internationale Verhandlungs-Kader ugeet.

111. Leider hu mer am Moment am EU Conseil grouss Divergenzen, wéi ëmgoe mat Israel/Palestina no dem Vote vun der Resolutioun 2334 an dem Changement vun der amerikanescher Administratioun. Zweek "Faits" déi sech am Fong neutraliséieren. Och di franséisch international Initiativ ass blockéiert. Wat ech weess, vum President Abbas selwer, deen ech zu Genf de 27ten Februar gesinn hat, ass dass de President Trump hien an den nächste Wochen am Wäissen Haus empfänke wëll, wat ze begréissen ass. D'Saache schéngen sech allgemeng e bëssi ze tässelen, och den Transfert vun der amerikanescher Ambassade ob Jerusalem, oder d'Aussoen iwwer de Prinzip vun der Zweek-Staten Léisung.

112. Lëtzebuerg wäert weiderhin hëllef, bei allen diplomateschen Initiativen an der EU, fir zu gemeinsame Positiounen ze kommen. Dat gëllt och fir d'Unerkennung vu Palestina. D'Demarche vu Frankräich ass heibäi ganz wichteg. Lëtzebuerg stoung 2014 am Sécherheetsrot op der Säit vu Frankräich, grad wéi bei hirer Initiative fir eng international Konferenz zu Paräis. Mir sinn net dat eenzegt EU-Land wat dëst Positioun ganz no u Frankräich a Saachen Unerkennung vu Palestina deelt.

113. Fir Europa ass och d'Situatioun a **Libyen** vun enormer Wichtigkeet.

114. Am Dezember 2015 hunn déi verschidde libyesch Konflikt-Parteien e politeschen Accord ënnerschriwwen. Dësen Accord gesäit vir, dass eng Regierung vun der nationaler Unitéit geschaaft gëtt déi da vum Parlament konfirméiert gëtt. Zu dësem Vote ass et awer nach ëmmer net komm. Dëst dréit natierlech zum aktuelle Chaos a Libyen bäi, wat d'Geschäft vun de Mënscheschmuggler floréiere léisst. D'lescht Joer sinn, aus an iwwer Libyen, 180.000 Migrante komm an dës Situatioun wäert och weiderhin unhalen esou laang et a Libyen keng eenheetlech a stabil Regierung gëtt. Tragescherweis hunn d'lescht Joer 4500 Mënschen hiert Liewen am Mëttelmier verluer, Richtung Italien.

115. A Libyen kann näischt ouni d'Libyer geschéien. All libyesch Acteure mussen an engem konstruktive Geescht e wierklechen Dialog féieren.

116. Fir Lëtzebuerg a fir d'EU ass de politeschen Accord nach ëmmer valabel, a muss ëmgesat ginn, notamment duerch e Partenariat tëschent dem Westen an dem Oste vum Land, der Kreatioun vun enger eenzeger Arméi, ënnert der Kontroll vun de legitimen zivillen Autoritéiten, an der Confirmatioun vun der Regierung duerch d'Parlament. De General Haftar, de staarke Mann aus dem Oste wäert och iergendwéi misse mat agebonne ginn. D'EU ënnerstëtzt ausserdeem de libyische Stat an der Ausbildung vun enger nationaler Küstewaach, mee all dës Efforte wäerten onkomplett an ineffikass bleiwen ouni en eenheetleche Staatsapparat.

117. Trotzdem gëtt et och aus Libyen positiv Noriichten. Daech, déi d'lescht Joer, nach honnerte vu Kilometer vun der libyischer Küst kontrolléiert hunn, si vun do verdriwwe ginn. Dorop mussen mer opbauen a fir eng grondleeënd Stabiliséierung a Libyen schaffen, soss bleift den Terrorismus an den Djihadismus ëmmer eng Gefor.

118. De Mëttleren Osten huet och e puer aner Liichtblécker opweises.

119. Virun e bëssi méi wéi engem Joer ass den Accord mam **Iran** iwwert de gemeinsame globalen Aktiounsplang (den Joint Comprehensive Plan of Action – JCPOA), a Kraaft getrueden.

120. Den Accord ass de Beweis dass Diplomatie an Ausdauer sech lounen. Et ass en decisive Schrëtt fir de Problem vum iraneschen Nuklearprogramm ze léisen.
121. Lo geet et drëm dofir ze suergen dass den Accord och voll ëmgesat gëtt, vun all de Parteien an an all senge Komponenten. Dofir ass et och besonnesch wichteg dass de JCPOA an enger Resolutioun vum UNO Secherheetsrot verankert ginn ass, an domat legal bannend fir all Länner vun der Welt ass, net nëmme fir déi Parteien déi den Accord negociéiert hunn. E kann dofir och net eesäiteg denoncéiert ginn.
122. Esouguer e gudden a verifiabelen Accord kann net esou einfach joerzängtelaangt Mësstraue verschwannen doen, wei dat tëschent dem Iran an de Vereenegte Staaten oder dem Iran an de Golfstaaten voire dem Iran an Israel de Fall ass.
123. Géint dëst Mësstrauen hëlleft nëmme eppes: e strikt, kontinuéierlecht Ëmsetze vun allen Dispositiounen vum Accord, duerch all Parteien a keng Provokatiounen.
124. D'Lëtzebuerg wäert sech an deem Sënn och weiderhi mat sengen EU Partner engagéieren.
125. Gläichzäiteg, an dat ass esouwuel am Sënn vum JCPOA, wéi an der laangjäreger Ligne vun der EU-Politik vis-à-vis vum Iran, wäerte mir op eng Normalisatioun vun eise Relatiounen mam Iran hischaffen.
126. Ech war wéi der wësst am Februar an den Iran, fir d'drëtt zënter 2014. Eng Mission économique ënnert dem Etienne Schneider wor am Oktober do an den Här Chamberspresident am Januar 2016.
127. Während menger Rees hu mer mam Iran en Traité ënnerschriwwen, fir eis gemeinsam Investissementer ze promouvéieren an ze schützen an esou eise bilateral Handel ze stäerken.

128.Dës Approche entsprécht, wéi schonns gesot, der Logik vum aktuellen internationale Konsens, déi politesch an ekonomesch Relatiounen mam Iran ze normaliséieren, an domadder d'Politik vun der Ouverture vum President Rohani ze ënnerstëtzen. Kuerz gesot "Wandel durch Handel".

129.Béi all menge Kontakter mat den Iraneschen Autoritéiten spriechen ech natierlech och ëmmer déi Sujeten un, déi eis wéiderhin - trotz JCPOA - grouss Suerge maachen: d'allgemeng Mënscherechttssituatioun am Iran, d'Fro vun der Doudesstraf, d'Rechter vun de Fraen an de Minoritéiten, d'Diskriminatioun vun de Baha'ien, mee och de Role vum Iran an der Regioun. Den Iran huet eng kloer Responsabilitéit fir Fridden a Stabilitéit an der Regioun, sief dat a Syrien, am Irak oder am Yemen. Konstruktiven Engagement ass gefrot an net Kompetitioun fir d'Virmuecht am Golfe. Dofir mussen mir och den Dialogue mam Iran weider verdéiwen.

130.D'Politik vum President Rohani ass gréisstendeels vun der iranischer Bevëlkerung begréisst ginn. Déi lescht Parlamentswahlen am Iran 2016 hunn dëst confirméiert. Am Mee dëst Joer sinn am Iran d'Präsidentenwahlen an et ass ze hoffen, dass den aktuelle Cours bäibehale gëtt, an et net zu enger Stärkung vun den Hardliner kënnt.

ASIEN

131.Ons Relatiounen mam asiateschen Kontinent si ganz wichteg fir d'Europäeschen Unioun a fir eis. Dofir si mir mat 5 Ambassaden um asiateschen Kontinent vertraued. Dës Ambassaden decken am Ganzen 15 asiatesch Länner of an och de Sekretariat vun der ASEAN - der Associatioun vun de süd-ost-asiateschen Natiounen - deen zu Jakarta baséiert ass.

132.Dëst Joer feieren d'EU an d'ASEAN de 40^{ten} Anniversaire vun hire Bezéiungen. Mir organiséieren dofir am Mee, zesumme mam Wirtschaftsministère an der Chambre de Commerce, en Evenement fir doduerch méi Kontakter ze erméiglechen tëschent eise Betriber a Länner wéi Singapur, Indonesien, dem Vietnam an och Malaisien, déi en héije Wuesstem hunn.

133.Dëst Joer feiere mir och den 90. Anniversaire vun eisen diplomateschen Bezéiungen mat **Japan** wou ech Enn Mee wäert hinreesen. D'EU a Japan sinn amgaange en Handelsvertragsverhandlung fäerdeg

ze négociéieren, wat dee Moment och nei Opportunitéite fir eis Betriber an der drëtt-gréisster Wirtschaft vun der Welt wäert bréngen.

134. Mir zelebrieren dëst Joer och 45 Joer diplomatesch Bezéiunge mat **China**. Mir hunn iwwert di lescht Jore ganz vill mat eise chinesesche Partner gemaach an eis Relatiounen hu sech esouwuel um ekonomeschen, wéi och um politeschen an kulturellen Niveau mat eisem mëttlerweil éischte Partner an Asien verstärkt.

135. D'Situatioun am **Afghanistan** bleiwt weider ganz schwiereg. Et ginn nach enorm Erausforderungen an deem Land déi mussen an den nächste Jore bewältigt ginn. De Kampf géint d'Taliban, d'Drogeproduktioun an d'Korruptioun sti ganz uewen op der Prioritéitelëscht vun der afghanescher Regierung. Déi international Communautéit schafft vill mat der Regierung zesummen fir dat an de Grëff ze kréien.

136. Lëtzebuerg huet zënter 2001 eng Contributioun vu ronn 75 Milliounen € un den Afghanistan geleescht, fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Hëllef, mee och am sécherheetspolitesche Beräich. Bis haut waren och am ganzen 274 Lëtzebuerger Zaldoten am Afghanistan engagéiert. An d'Lëtzebuerger Arméi wäert bis den 1. Juli 2018 un der "Resolute Support" Missioun deel huelen.

AFRIKA

137. **Afrika** ass en dynameschen an diverse Kontinent vu bal 1,3 Milliarde Mënschen: bis d'Joer 2050 kéint déi Zuel op 2,5 Milliarde wuessen.

138. Nieft onsem laangjäregen Engagement an Afrika a besonnesch am **Sahel**, mat onse Partnerlänner Burkina Faso, Mali, Niger a Senegal, ass Lëtzebuerg och weiderhin engagéiert am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verdedegungspolitik. Lëtzebuerg bedeelegt sech aktiv un der EU Trainings-Missioun am Mali an och bei den zivilen EUCAP Missiounen, am Mali an am Niger. Och ons wirtschaftlech Relatiounen hu sech weider entwéckelt, besonnesch duerch zwou Wirtschaftsmissiounen, déi d'Chambre de commerce am Februar 2016 an de

Senegal an an Äthiopien organiséiert hat, mee och déi rezent geschaafte Business partnership facility mam Kooperatiounsministère, déi de Privatsecteur encouragéiert sech um Développement ze bedeelegen an dobäi op nei Marchéen ze goen.

139. **D’Afrikanesch Unioun** spillt eng kruzial Roll an der politescher Integratioun vum Kontinent. Wéi all Joer plangen ech, och dëst Joer op Addis Abeba ze goen wou d’Afrikanesch Unioun hire Sëtz huet. Dëst och am Hibleck op den EU-Afrika Sommet, deen am November an der Côte d’Ivoire stattfanne wäert.

140. D’Sécherheet an d’Wuelbefanne vun eisen zwee Kontinenter hänken enk mateneen zesummen. Déi terroristesch Attacken am Niger an am Mali, mee och d’Campagne vu Boko Haram am Nigeria an an der Regioun vum Lac Tchad géint d’Regierung a géint d’zivil Populatioun weisen, dass terroristesch Organisatioune weider staark bleiwen. Datselwecht gëllt fir **Somalien**, wou trotz de Presidentewalhen, déi international als Succès ugesi goufen, de Kampf géint d’Al-Shabab Miliz nach laang net gewonnen ass.

141. Trotz Progrès an der Ëmsetzung vun der Demokratie a villen afrikanesche Länner bleift d’Fro vun der Qualitéit vun der Demokratie an och déi vun der Gouvernance am Interêt vun alle Leit, net nëmmen den Eliten. D’Tendenz, de Statut vu Roum vum Internationale Stroofgeriichtshaff ze verlossen, schéngt fir de Moment gebremst ze sinn. Mee d’Dynamik no där d’Staats- a Regierungsscheffe vun deene meeschten afrikanesche Länner eng Justiz fir jiddwereen, an eng aner fir déi Mächtig wëllen, ass ongebrach.

142. All déi Länner, déi politesch onstabil bleiwen, ënnersträchen dat. An der **Demokratescher Republik Kongo** ass et net gelongen wéi firgesinn 2016 Wahlen ze organiséieren, wat zu grouse Manifestatioune gefouert huet – d’Leit hunn es genuch mat der schlechter Gouvernance a wëllen eng Regierung déi sech em hier Bedierfnisser këmmert an hinnen eng glafwierdeg Perspektiv fir d’Zukunft gëtt. Besonnesch schlëmm ass och weiderhin d’Situatioun am **Burundi** wou de President Nkurunziza sech un d’Muecht klamert an d’Mënscherechtesituatioun konstant méi schlecht gëtt.

143.D'Situatioun bleift och dramatesch am **Südsudan**, wou 6 Milliounen Leit an enger humanitärer Noutsituatioun sinn an eng 1,5 Milliounen Mënschen geflücht sinn. Trotz den Efforten vun Deeler vun der internationaler Gemeinschaft ginn déi extrem a systematesch Gewalt, déi vu Mënschen gemachten ekonomesch Kris an Hongersnout weider.

AMERIKA

144.De Muechtwiesel zu Washington muss eis all ze denken ginn. En ass zugläich Unzeechen an Ausdrock vun engem Malaise an der Bevëlkerung iwwer d'Changementer an eiser Gesellschaft, iwwer d'Effeten vun der Globalisatioun, iwwer den "internationalen Nokrichsuerder"... En signaléiert eng gewëssen Angscht virun der Zukunft, e Verlaangeren no "fréieren Zäiten", och wann et net ganz kloer ass wat dat genau heesche soll. Den Opruff vum neien amerikaneschen President - "America first" - spigelt deelweis de Nationalismus an Isolationismus zréck deen mir hei vu rietspopulistesch Parteien héieren an deen och an der Brexit-Diskussioun präsent war. Éischt Aktiounen vum Donald Trump weisen, dass hie wëlles huet déi populistesch Iddien, déi hie während senger Wahlkampagne proklaméiert huet, an Tatsachen ëmzewandelen. Dat muss eis, als iwwerzeegten Europäer, als Verdeeneger vun Integratioun a Kooperatioun, baséiert op internationalem Recht a fundamentalen Wäerter a Prinzipien, interpelléieren.

145.Zur gläicher Zäit bleiwen vill Fragezeichen iwwer d'Pläng an d'Prioritéiten vun der neier Administratioun. Fest steet awer dass d'Vereenegt Staaten e wichtege Partner vun eis sinn an och bliiwen; e Frënd mat deem mir zënter ville Joren enk verbonne sinn; en Alliéierten, deem mir historiesch vill verdanken, a mat deem mir dagdeeglech zesummeschaffen; e strategesch Partner vun Europa op der Weltbühn an en extrem wichtege Handelspartner.

146.Mir waren och an der Vergaangenheet net ëmmer där selwechter Meenung, an hunn och ni virdrun zréckgescheit dat zum Ausdrock ze bréngen, mee zesummen hu mir eis agesat fir

Oppenheet, fir Respekt vun der Demokratie a Rechtsstaatlechkeet, fir Solidaritéit a Kooperatioun. Dat muss och weider esou sinn.

147. Den amerikanesche Vizepräsident huet leschte Mount bei senger éischter Visite zu Bréissel am Numm vum neie President betount, dass d'Vereenegt Staten sech och weiderhin der Zesummenaarbecht a Partnerschaft mat der EU verflucht fillen. Mir wëllen eng konstruktiv Bezéiung mat Amerika, a wäerten op eiser Säit alles dofir maachen. Mee mir erwaarden eis vun Amerika och, dass si sech kloer an däitlech hannert e vereent Europa stellen. Dat ass am Interessi vun Europa, mee dat ass och am Interessi vun Amerika.

LATÄINAMERIKA

148. De Wandel beim groussen Noper am Norden huet och Repercussiounen op d'Länner vum Süde vum amerikanesche Kontinent. Et ass nach ze fréi fir konkret Schlëss ze zéien, mee eng Mauer tèschent Amerika a **Mexiko** hätt grouss politesch an ekonomesch Konsequenze fir Länner, déi sech an deene leschte Joerzénge, mat Hëllef vun den Vereenegte Staaten, awer och vun Europa, staark entwéckelt hunn. Net ze schwätzen vun de mënschleche Konsequenzen. Den Impakt riskéiert besonnesch grouss ze sinn op ee vun de strategesche Partner vun Europa, nämlech Mexiko. Lëtzebuerg setzt sech op europäeschem Niveau fir d'Modernisatioun vum Accord global mat Mexiko an. Mir ënnerstëtzen och weiderhin d'Partnerlänner vun eiser Kooperatioun, den **Nicaragua** an de **Salvador**, mat deenen eis Kooperatioun eng Rei innovativ Projeten ugeet.

149. Dëst lescht Joer wor och vu grousser Bedeitung fir **Kolumbien**. No laange Verhandlungen an enger Rei Hürden, ass am Dezember 2016 endlech de Friddensaccord tèschent der Regierung an de FARC-Rebellen a Kraaft getrueden. Während seng Ëmsetzung bis elo relativ gutt funktionéiert, bleiwen eng Rei Erausforderungen, fir déi d'Ënnerstëtzung vun der internationaler Communautéit liewenswichtig ass. Lëtzebuerg ënnerstëtzt de Friddensprozess

mat enger Kontributioun un e Projet deem déi transitionnell Justiz a Kolumbien stäipt, an och um europäeschen Niveau mat enger Kontributioun un de Kolumbiefong vun der EU.

150.2017 gëtt e besonnescht Joer wat eis Relatiounen mat **Brasilien** ugeet. Dës Relatiounen gi wäit zréck. Schonn an den 20er Joren huet ARBED sech a Brasilien etabléiert, an am Laf vun de Joren ass Brasilien zu engem vun deene wichtegsten Handelspartner vu Lëtzebuerg ausserhalb vun der europäescher Unioun ginn. Niewent deene ronn 2000 brasilianeschen Awunner zu Lëtzebuerg, hunn sech am 19te Joerhonnert vill Lëtzebuerger a Brasilien niddergelooss, an hunn do Wuerzele geschloen. Et ginn haut eng estiméiert 50.000 Bierger mat Lëtzebuerger Ofstamung a Brasilien. Zënter 2011 hu mir en Ambassadeur non-résident fir Brasilien. Dëst Joer wäert Brasilien dat éischt Land a Südamerika ginn, an deem Lëtzebuerg eng Ambassade opmécht. Dëst ass en Zeeche vun den exzellenten Lienen déi mir mat deem Land fleegen, awer och eng Konsequenz vun der wuessender Bedeitung vum südamerikanesche Kontinent fir eist Land a fir eis Ekonomie. D'Ambassade erlaabt eis fir d'éischt, eis Relatiounen mat Brasilien ze verdéiwen; an enger zweeter Phase siche mir dann och mat dëser Ambassade Co-Accreditatiounen mat anere Länner a Südamerika, déi ëmmer méi wichteg fir eis ginn.

NATO A SECHERHEETSPOLITIK

151.D'Entwécklung vun der allgemenger Sécherheetslag am Osten an am Süde vun Europa hunn d'Verdeedegungsbündnis NATO dozou gezwongen, zënter dem Sommet zu Wales 2014 seng Haltung unzepassen a virun allem eis ëstlech Alliéiert ze rassurieren. De Sommet vu Warschau am Summer 2016 huet dës Schrëtt reaffirméiert a weider Decisiounen an dës Richtung geholl. Lëtzebuerg dréit säin Deel heizou bäi a bedeelegt sech aktiv un de Réassurance-Mesuren, notamment un de NATO-Truppen déi a Litauen wäerte stationéiert sinn. Als verlässlechen a vertrauenswierdege Partner ënnersträicht Lëtzebuerg domat seng Solidaritéit mat sengen Alliéierten an onse Partnerstaaten. Lëtzebuerg wäert och déi néideg Efforte maachen fir den Engagement vu Wales nozekommen. D'Chamber ass an dëser Hisiicht d'lescht Woch jo schonn ausféierlech informéiert ginn.

152. Diskussioun an der NATO däerf sech awer fir di nächst 10 Joer net nëmme op d'Fro vun de 2% fokusséieren. Sécherheet ass méi wéi nëmmen Defense. E Land wéi Lëtzebuerg wat 1% vu sengem RNB fir d'Entwécklungshëllef gëtt, leescht e bedeitende Beitrag, e präventive Beitrag fir eng méi friddlech Welt. Dës Welt kann 1000 Mol mat bestoenden Nuklearwaffen zerstéiert ginn, vum Oste wéi vum Westen aus. Ofrüstung, allgemeng gesinn, géif hëllef der Aarmut weltwäit kënne d'Stir ze bidden. Géif all Land op der Welt net 2% fir seng Defense ausginn, mee just 1% fir d'Entwécklungshëllef, géif et Milliounen Leit besser goen.

153. An den nächste Wochen – wann déi lescht Ratifikatiouns-Prozeduren ofgeschloss sinn – wäerten mir de Montenegro als 29ten Alliéierten wëllkomm heeschen. Dës Erweiterung ënnersträicht net nëmmen déi wichteg Fortschrëtt déi dëst Land am Beräich vun de Reforme vun senger Sécherheetskrafter a senger Arméi gemaach huet, mee och dass d'europäesch Efforten, an den Engagement vun der internationaler Communautéit, am Westbalkan seng Friichte gedroen huet an mir dëser Regioun zu Stabilitéit a Friden verholfen hunn. Mir freeën eis drop, an Zukunft nach méi enk mam Montenegro zesummen ze schaffen, an eis un hirer Säit fir de Friden an Europa anzesetzen.

154. Lëtzebuerg setzt sech och weiderhin fir eng méi sécher Welt mat manner Waffen an. Mir bedeelegen eis an dësem Sënn aktiv un Initiativen, deenen hiert Ziel d'Ofrüstung vu spezifesch Waffekategorien ass souwéi d'Begrenzung vun eenzele Rüstungssystemer. An dësem Beräich hale mir besonnesch dru fest, dass Fortschrëtt op der Basis vu bindenden Traitéen a Konventiounen erreecht ginn, déi däitlech a kloer Critèren festleeën, déi d'Staten zu konkreten Ziler engagéieren.

155. Gemeinsam mat onsen diverse Partner, huet Lëtzebuerg 2014 de Vertrag iwwert de Waffenhandel – kuerz, de sougenannten „ATT (Arms Trade Treaty)“ – ratifizéiert a setzt dësen zënter sengem Akraafttriede virun zwee Joer och ëm. Mir hunn och dofir en deemspriechende Projet de Loi déposéiert, deen eisen Exportkontrollsystem weider renforcéiert. Mir hoffen, dass d'Chamber an den nächste Méint d'Aarbechten zu dësem Projet kann ofschléissen.

156. D'Sécherheetslag an Asien ass vun enger weiderer, besonnescher Gefor gezechent. **Nordkorea** huet d'lescht Joer net manner ewéi 25 ballistesche Rakéite lancéiert an 2 nukleare Tester gemaach. Dës Aktiounen destabiliséieren net nëmmen d'Koreanesch Hallefinsel a stellen eng Menace fir onsen Alliéierten Südkorea duer, mee se veronsécheren de ganzen Ost-Asiatesche Raum an och ëmmer méi d'international Gemeinschaft am breede Sënn: munch vun de geteste Rakéiten kéinte souwuel d'amerikanesch Westküst wéi och d'Europäesch Unioun errechen. Dëst ass eng Gefor, déi mir eescht mussen huelen. An der UNO souwéi an der EU wäert Lëtzebuerg sech weiderhin engagéieren, fir den Drock op den Nordkoreanesche Regime héich ze halen. Wann de Regime zu Pyongyang seng Ambitiounen, een nukleart Waffenarsenal opzebauen, bereet wier opzeginn, da si mir iwwerzeegt dovun, dass iwwert de Wee vu Verhandlungen de Konflikt op der Koreanescher Hallefinsel kéint friddlech geléist ginn.

157. Am Kader vun der gemeinsamer Sécherheets- a Verdedegungspolitik engagéiert Lëtzebuerg sech och weiderhin an de verschidde Missiounen déi d'Europäesch Unioun an Drëttstate leet fir Konflikter ze léisen. Un d'Missioun EUNAVFOR Med contribuéiert Lëtzebuerg ee Patrouille-Fliger iwwert ee Privat-Public-Partnership an ënnerstëtzt finanziell d'Ausbildung vun de Grenzschützer op der Libyescher Küst. Dës Weidere sinn zwee Lëtzebuerger Ënneroffizéier an der EU Trainingsmissioun am Mali tätég, fir d'malesch Arméi auszebilden.

158. Och am ziville Beräich hëllt Lëtzebuerg u Missiounen deel, wéi zum Beispill an de leschte Joren am Kosovo (EULEX), am Niger (EUCAP Sahel), am Mali (EUCAP Sahel) an och an der Ukrain (EUAM). Den Ablack sinn 3 Lëtzebuerger Polizisten am Sahel am Asaz (1 am Mali, 2 am Niger). D'Participatioun un den ziville Missiounen bleift eng Prioritéit vun dëser Regierung, well et dee logesche Complément ass fir eng Konfliktsituatioun laangfristeg ze stabiliséieren. Mir setzen eis soumat aktiv duerfir an, Rechtsstaatlechkeet an deene betraffene Länner opzebauen an hinnen esou um Wee hin zu enger demokratescher a stabiller Staatsform ze hëllefen.

BENELUX A GROUSSREGIOUN

159.D'Zesummenaarbecht mat de Beneluxlänner bleift e wichtege Vecteur vun eiser aussepolitescher Aktioun, sief et op grenziwwerschreidende Projeten oder op internationalem Niveau. Am Kader vun der Présidence vum Ministerrot vun der Benelux-Unioun hat Lëtzebuerg sech dräi grouss Prioritéite gesat: d'Mobilitéit an d'Sécherheet vun de Persoune verbesseren, den Ëmweltschutz promouvéieren an de Bannemaart weider verdéiwen.

160.Mir hunn do konkret Initiative geholl déi eise Bierger zu gutt kommen an ze erlaben dem Benelux weiderhin senger Roll als europäesche Laboratoire nozekommen.

161.De Bierger steet och am Mëttelpunkt vun der Présidence vun der **Groussregioun**, déi Lëtzebuerg den 1. Januar iwwerholl huet. Den Ausseministère huet an deem Dossier dem Departement vun der Groussregioun am Kader vun senger Kompetenzen seng aktiv Ënnerstëtzung ugebueden, an eis Equipe wäerten hei enk zesummeschaffen.

SIEGE

162.Als „Etat-hôte“ vu verschiddeenen europäeschen Institutiounen an Organismen, setzt Lëtzebuerg weiderhin alles drun fir de Leit déi do schaffen, déi beschtméiglech Aarbechts- a Liewensbedingunge bei eis ze garantéieren. Vun engem wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Standpunkt ass d'Präsenz vun den ongeféier 14.000 EU Beamten an hire Familljen ee wichtegt Element fir eist Land.

163.Um Niveau vun den Bauprojete, do schafft d'Regierung momentan enk mat der Kommissioun um *Jean Monnet 2* Projet. D'Finanzementsgesetz dozou gouf jo och den 17. November 2016 hei an der Chamber ugeholl. Den Projet gëtt an 2 Phasen realiséiert an d'Endresultat wäert eng fonctionnel an homogen Léisung fir déi Ronn 3.000 betraffe Mataarbechter duerstellen, déi den Ament op verschidde Siten um Kierchbierg an op der Cloche d'Or verspreecht sinn.

164.Wat d'Kommissioun ugeet, wollt ech lech och nach soen, dass mir och aner Elementer vum Accord deen ech am Dezember 2015 mat der Vize-Presidentin Georgieva ofgeschloss hat, am

gaange sinn ëmzesetzen oder esou guer schonn ëmgesat hunn. Esou gouf zum Beispill der Kommissioun hiren neien Datazenter zu Betzder den 12. Dezember a Präsenz vum Kommissaire Oettinger ageweit.

165. D'Europäescht Parlament, mat der Ënnerstëtzung vum Lëtzebuurger Staat, kënnt och gutt viru mat den Aarbechte vu hirem neie Gebai, dem *Konrad Adenauer II* an datselwecht gëllt fir den 3. Tuerm vum Europäesche Geriichtshaff.

166. D'Planungsarbechte fir de Sëtz vun der Cour d'Appel vun der neier *Juridiction unifiée* vum *Brevet* kruten een Ament Retard wéinst dem britesche Referendum d'lescht Joer. Mir sinn awer entretemps nees weiderkomm a mir erwaarden eis, dass dës nei Juridictioun dann dëst Joer hei zu Lëtzebuerg kéint ufänken.

CONCLUSIOUN

167. Déi al Divisiounen tëschent Norden a Süden, Osten a Westen, aarmen a räiche Länner schéngen ëmmer méi enger anerer fundamentaler Divisioun Plaz ze maachen, an zwar där tëschent autoritären an demokratesche Staaten, tëschent zouenen an oppene Gesellschaften. Si ass tëschent deenen op där enger Säit, déi dru gleewen, dass d'Muecht an d'Transaktiounen den internationale System regéiere sollen; an deenen op där anerer Säit déi dru gleewen dass international Bezéiungen op kloer rechtsstaatlech Regeln an Norme fondéiert solle sinn. Dacks sinn déi autoritär Staaten nationalistesch gepräagt, an hunn eng Welt-Usiicht déi en Nullzommespill ass; déi demokratesch Staate gleewen dogéint un de Wäert vun internationaler Zesummenaarbecht fir zesumme Problemer ze léisen.

168. Nom Enn vum zweete Weltkrich hu mer eis Welt nei opgebaut. Mir hunn eis international Organisatioune ginn, déi sollte verhënneren, dass eng drëttes Kéier e Krich kéint d'Mënschheet ausernee rappen.

169. Dee kollektiven Trauma vun der Shoah a vum Verloscht vu 60 Milliounen Mënscheliwwen am Krich op där enger Säit; d'Angscht virun der absoluter Zerstüerungskraaft vun den Atomwaffen op där anerer Säit, waren d'Grondsteng fir d'Charta vun de Vereenten Natiounen. D'Charta, an där d'mënschlech Würd an d'Souveränitéit vun de Staaten consacréiert goufen; an där d'Gläichheet tëschent all Mënsche grad sou wéi d'souverän Egalitéit tëschent alle Staaten, grouss a kleng, ee fir allemol festgehale gouf.

170. Dësen internationale System steet um Spill, wa Staaten d'Mënscherechter net respektéieren: a ronderëm d'Welt erliewe mer am Moment eng Verschlechterung vun der Situatioun vun den zivillen a politesche Rechter, zesumme mat engem rëm-Opflaame vu Konflikter. Weltwäit gëtt den Espace fir d'Zivilgesellschaft méi kleng; déi Leit déi d'Mënscherechter verdeedegen, gi selwer Affer vun Intimidatioun a vu Gewalt.

171. Souguer virum Mënscherechtsrot a virum der Generalversammlung vun der UNO ginn d'Organisatiounen vun der Zivilgesellschaft ugegraff. Den internationale Mënscherechtssystem selwer gëtt attackéiert. Ëmmer méi Staate verbidden de Servicer vum Héije Commissaire fir Mënscherechter - deen ech den 20ten Januar hei zu Lëtzebuerg empfaangen hunn - den Accès a kooperéieren net méi mat de Mandataire vun de spezielle Procédure vum Mënscherechtsrot.

172. Lëtzebuerg ass Kandidat fir de Mënscherechtsrot fir d'Joren 2022 bis 2024: et ass eis éischt Kandidatur fir dëse Rot, deen 2006 an d'Liewe geruff gouf, an e wichtegt subsidiärt Organ vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen ass. Sou wéi mer 2013-2014 en engagéierte Member vum Weltsécherheitsrot waren, wëlle mir en engagéierten a couragéierte Member vum héchsten UNOs-Gremium fir d'Promotioun an de Schutz vun de Mënscherechter ginn.

173. Ze gleewen, dass déi international sou wéi déi national Acquis'e vun der Rechtsstaatlechkeet a vun der Demokratie onwidderrüfléch sinn, wier e schwéiere strategesche Fehler. Sou wéi déi Generatiounen virum eis an zwee Weltkricher fir d'Fräiheet an d'Gerechtegkeet gekämpft hunn, a géint de Faschismus an den Autoritarismus, sou mussen mir och lo nees prett sinn, fir eis

Wärter, eis international Obligatiounen, an d'Prinzipie vun eisem friddlechen Zesummeliewen als Mënschen an als international Staategemeinschaft ze kämpfen. De Franz Kafka sot a sengem Roman "Der Prozess", deen hien am éischte Weltkrich geschriwwen huet, "die Lüge wird zur Weltordnung gemacht". Dee Saz ass och haut nach ëmmer ganz aktuell, mee mir müssen eis dogéint wieren, well ouni e Minimum vu gemeinsame Realitéitssënn a Vertraue wier d'Welt net gutt opgestallt fir den nächste Generatiounen eng Perspektiv ze bidden.

Ech soen iech merci.